

**4. 8080 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023 [...]**

**8081 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2022-2026 (suite)**

p. 29

Amendement 1 : M. Dan Kersch | Mme Lydie Polfer | M. Michel Wolter | Mme Lydie Polfer | M. Dan Kersch | M. Michel Wolter (interventions de M. Dan Kersch) | M. Léon Gloden (interventions de M. Dan Kersch et Mme Lydie Polfer) | M. Carlo Weber (interventions de M. Dan Kersch, M. Marc Lies et Mme Octavie Modert) | M. Dan Kersch | Mme Lydie Polfer

Vote sur l'amendement 1 (rejeté)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8080 et dispense du second vote constitutionnel

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8081 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum | M. Fernand Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : Mme Martine Hansen | M. Gilles Baum | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser | M. Yves Cruchten

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Motion 3 : M. Gilles Roth | M. Gilles Baum | Mme Nathalie Oberweis | M. Yves Cruchten | M. Sven Clement | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser

Vote sur la motion 3 (rejetée)

Motion 4 : Mme Josée Lorsché | Mme Nathalie Oberweis | M. Laurent Mosar | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Vote sur la motion 4 (rejetée)

Motion 5 : M. Gilles Roth | Mme Nathalie Oberweis | M. François Benoy | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser | M. Yves Cruchten | M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement)

Vote sur la motion 5 (intervention de M. Fernand Kartheiser) (rejetée)

Motion 6 : M. Gusti Graas | M. Mars Di Bartolomeo | M. Marc Spautz | M. Marc Goergen | M. Fernand Kartheiser | M. Dan Kersch | M. Sven Clement | M. Marc Goergen | M. Gilles Roth | M. Dan Kersch

Vote sur la motion 6 (rejetée)

Motion 7 : M. Yves Cruchten | M. Sven Clement

Vote sur le renvoi de la motion 7 en commission (adopté)

**5. Ordre du jour**

p. 41

M. Fernand Etgen, Président

**6. 8105 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État à la Banque centrale du Luxembourg dans le cadre du fonds fiduciaire pour la résilience et la durabilité du Fonds monétaire international**

p. 41

Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler

Discussion générale : M. Laurent Mosar | M. Yves Cruchten | M. François Benoy | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8105 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Marc Hansen, M. Lex Delles, M. Franz Fayot et Mme Yuriko Backes, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

**1. Ouverture de la séance publique**

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**Une voix** | Nee, dat ass net de Fall.

**2. 8080 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023 et modifiant :**

**1<sup>er</sup> la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;**

**2<sup>e</sup> la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;**

**3<sup>e</sup> la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;**

**4<sup>e</sup> la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999 ;**

**5<sup>e</sup> la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière ;**

**6<sup>e</sup> la loi modifiée du 18 décembre 2009 organisant l'aide sociale ;**

**7<sup>e</sup> la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;**

**8<sup>e</sup> la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif ;**

**9<sup>e</sup> la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;**

**10<sup>e</sup> la loi modifiée du 25 mars 2020 portant création du Fonds spécial de soutien au développement du logement ;**

**11<sup>e</sup> la loi du 30 juillet 2021 relative au Pacte Logement 2.0**

**8081 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2022-2026 (suite)**

**M. Fernand Etgen**, Président | D'Chamber fiert de Moie mat den Debatten iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2023 an d'Programmation financière plurianuelle virun. An als éischte Riedner ass den honorablen Här François Benoy agedroen. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix** | Très bien!

**Discussion générale (suite)**

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, gudder Moien, Dir Dammen an Hären. Här President, Madamm an Här Minister, ech wëll fir d'alleréischte dem Budgets-rapporter villmools Merci soen, dem Max Hahn. Ech war selwer virun zwee Joer Budgetsrapporter a weess, wat dat bedeit, esou e Rapport ze maachen. Ech hat deemools 50 Recommandatiounen gemaach, wéi mer zesumme méi staark aus där Kris kënnen erauskommen.

An ech muss soen, déi 50 Recommandatiounen, déi ech konstant gemaach hunn, sinn haut eigentlech ëmmer nach genau esou aktuell wéi deemools, quité dass entre-temps nach eng weider Kris derbäikomm ass. Mee mir wëssen haut, dass mer, wa mer an deem Rhythmus weidermaachen, riskéieren, all zéng Joer eng vergläichbar Pandemie ze hu wéi d'Covid-19-Pandemie. Mir si matzendran an enger Klimakris. Mir erliewen et ëmmer erëm. Mir hunn et dës Summer eréischt erlieft, plus alleguerten déi sozial Problemer, déi mer hunn, fir just déi Beispiller ze nennen.

An ech wëll dann awer och onser Fraktiounspräsidentin, dem Josée Lorsché, villmools Merci soen, déi wierklech exzellent duergeluecht huet, wéi d'Positionen vun onser Fraktioun sinn.

Mee opgrond vun der Debatt, wéi se gëschter Owend hei gelaf ass, wëll ech dann e puer Saachen nach eng kéier richtigstellen, déi ons Gréngen awer wierklech wichteg sinn, an ech wëll alleguerten déi berouegen, déi iergendwéi mengen, mir Gréng géifen net zur Finanzplaz stoen, well eigentlech ass de Contraire de Fall. Mir wëllen d'Finanzplaz weiderentwéckelen, positiv weiderentwéckelen, an dat am Interesse vum Land an och vun der ganzer Mënschheet, well Lëtzebuerg huet do e ganz groussen Impakt, well mer eeben esou eng grouss Finanzplaz hunn. Mee et geet eeben drëm, dass d'Finanzplaz net och en Acteur dovun ass, dass mer d'Klimakris weider befeieren, mee dass mer justement déi Transitioun hikréien, fir a Richtung Klimaneutralitéit ze goen. Mir wëllen also, dass mer d'Finanzplaz besser fir d'Zukunft opstellen.

An ech wëll dann awer och nach eng kéier an Erënnung ruffen, wéi déi heite Regierung no jorelaanger CSV an der Regierung dat hei iwwerholl huet, war de Ruff vun der Finanzplaz justement e ganz anere wéi haut. Do war nämlech dee ganze Modell virun allem ronderëm d'Steierulungen opgebaut a Lëtzebuerg hat do justement eebe kee gudder Ruff. An dës Regierung huet dat Ganz awer erëm an d'Rei bruecht an iwwert déi lescht Joren hu mer zum Beispill d'europäesch Regulatiounen och alleguerten ëmgesat. Mir hunn awer och e RBE, also e Registre des bénéficiaires effectifs, wou déi gréng Ministere maassgebelech dru bedeelegt waren, ëmgesat. An elo muss mer eis natierlech d'Fro stellen: Wéi maache mer d'Finanzplaz weider nach méi fit fir d'Zukunft?

Här President, Dir Dammen an Hären, mat den aktuelle Politicke steiert eis Welt op eng Plus-2,5-Grad-Temperaturerwärmung zou. Wat heescht dat ganz konkret? Wiederextreemer wéi Dréchenten, Hëtztwellen, Staarkreen a Stierm ginn ëmmer méi zur Normalitéit. Op ville Plazen heescht dat e Verloscht vun dem landwirtschaftlechen Ertrag, Hongersnéit, déi méi heefeg ginn, ganz Regiounen, déi riskéieren, weider destabiliséiert ze ginn, a Leit, déi gezwonge ginn, hir Doheemer ze verlossen. A mir wëssen, wat dat och fir eis alleguerte bedeit.

An Här Mosar, ech wëll Iech do ganz konkret soen: Ech freeë mech am Géigesaz zu Iech net iwwert déi méi héich Temperaturen am Summer, just fir méi Geleeënheeten ze hunn, fir méi Aperol-Spritzen ze drénken, wéi Dir et op Twitter gesot hutt!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Mir hunn zu Lëtzebuerg op onser Finanzplaz eng 5,5 Billiounen Euro an de Fonge placéiert. Domat hu mer zu Lëtzebuerg eng grouss Verantwortung, well mir als Lëtzebuerg do och e groussen Impakt – an e positiven Impakt – kënnen hunn, notament wann et ëm Klimapolitik geet. Ech géif souguer soen, dass mer duerch eis Finanzplaz an iwwer eis Finanzplaz deen absolutt gréissten Impakt hunn, fir positiv eppes ze bewierken. An dofir mussen mer alles derfir maachen an et muss eng topp Prioritéit vun eis sinn, fir dass mer ons Finanzplaz a Richtung Klimaneutralitéit an dat esou séier wéi méiglech ..., déi Transitioun esou séier wéi méiglech hikeréien!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A mir hunn natierlech zu Lëtzebuerg an och europawäit eng ganz Partie Strategien, Aktiounspläng, Labelen an esou weider. Mee wa mer wëssen, dass de Paräisser Accord seet, dass mer mussen d'Finanzflëss zu engem 1,5-Grad-Zil konform maachen, also a Richtung Klimaneutralitéit goen, da muss ech awer soen, dass mer nach en immens wäite Wee do ze maachen hunn. An och do erëm, Här Mosar, dat do ass eng batter Realitéit. Dat ass kee verzerrt Realitéitsbild, wéi Dir et sot. Et ass eng batter Realitéit, dass déi Strategien, déi mer hunn, wäit ewech si vun deenen Ziler, déi mer eigentlech mussen hunn, wa mer en zukunftsfaeg Lëtzebuerg an eng zukunftsfaeg Welt wëllen hunn.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An ech wëll Iech just ee Beispill nennen. Et gëtt eng Etüd, déi fir Greenpeace gemaach ginn ass, déi déi 100 gréisste Fongen analyséiert huet. A mir sinn do éischter a Richtung vun engem 4-Grad-Zil ënnerwee, wat d'Fongen ugeet, déi op eiser Finanzplaz sinn. An ech hunn Iech gesot, wat d'Konsequenzen dovun sinn, wa mer weidermaache wéi bis elo, wou mer emol net op engem 4-Grad-Zil sinn, mee op engem 2,5-Grad-Pfad ënnerwee sinn!

An ech weess jo, dass Leit wéi Dir vläicht elo Greenpeaceetüden, awer och anerer, net esou gären hunn, an ech wëll Iech do awer dann nach e puer aner Etüden nennen, zum Beispill, d'ALFI selwer seet, dass, wat d'Fongen ugeet, just 6 % vun de Fongen iwwerhaapt konkret Ziler hunn. A wa mer driwwer schwätzen, wat d'Ziler sinn a wat d'konkreet Ziler sinn, dann heescht dat jo nach guer net, wat fir eng Ziler dass dat dote sinn.

An d'Finanzministesch huet gëschter hei an hirer Ried och gesot oder huet zitéiert, dass Lëtzebuerg déi drëttréngste Finanzplaz ass, an do soen ech, bon, generell muss ee bei esou Labelen ëmmer kucken, wat dat genau heescht a wat derhannert ass. Et ass nämlech och net esou, Här Mosar, wéi Dir gesot hutt, dass et einfach duergeet ze soen, et ass een ESG-konform. Well wat genau heescht ESG? Et ass net alles gréng, wat sech hanner engem ESG-gelabelte Produit verstoppt. A wat bréngt et eis och, wa mer just op déi Etikette kucken, mee a Wierklechkeet fossill Energien do hannendru verstoppt sinn? Dann hu mer näischt gewonnen!

An ech wëll Iech do nach e puer Zitater bréngen, wat einfach ganz renomméiert Institutiounen, déi och, mengen ech, jiddwereen hei unerkennt, soen.

D'Zentralbank zum Beispill seet, dass d'Klimafinanzrisiken an de leschte Joren ëm 32 % geklomme sinn, a si fuerdert d'Autoritéit ganz konkret derzou op, dass d'Klimafinanzrisike besser erfaasst ginn, fir se dann ze reduzéieren.

Och d'CSSF seet, dass de Finanzsektor net genuch klima- an ëmweltrelevant Informatiounen opleet. Déi Europäesch Cour des comptes seet, dass mer net genuch Transparenz hunn an dem Finanzsektor. A Lëtzebuerg huet zwar e Paris Agreement Capital Transition Assessment gemaach, also e PACTA, mee deen hu mer net verëffentlecht, soudass mer mol iwwerhaapt net wëssen, wat dann dobäi erauskomm ass. Aner Länner, d'Schwäiz zum Beispill, hunn dee verëffentlecht.

Här Mosar, dat heiten, wat ech elo gemaach hunn, ass alles, mee kee Finanzplazbashing, mee et ass déi batter Realitéit! An ech soen: Mir mussen där an d'A kucken a kucken, dass mer d'Finanzplaz besser opstellen!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Fir ons ass et relevant a wichteg a kloer, dass mer eeben a puncto Klimaschutz Ambitiounen weisen, grad op der Finanzplaz, an dass mer do First Mover sinn. An dat ass am Interesse vun dem Klima hei, awer och vun der ganzer Welt, a virun allem och ass et eng Fro vun der Resilienz vun onser eegener Ekonomie.

Mir soen dofir éischters: méi Transparenz, fir Finanzrisiken ze identifizéieren. Zweetens mussen mer d'Instrumenter weider ausbauen, fir den nohaltege Wandel ze acceleréieren. Drëtters mussen mer eis där Erausforderung stellen a Verantwortung iwwerhuelen, well do ass iwwerall nach vill Loft no uewen, an dat am Intérêt, fir eis Finanzplaz an d'Ekonomie besser fir d'Zukunft opstellen, mee virun allem appelléieren ech wierklech u jiddwereen, déi Transitioun op Klimaneutralitéit ... Kommt, mir huelen dat ... an huet dat alleguerten als eng Chance, well dat ass et! An nëmmen, wa mer dat maachen, da kënne mir an Zukunft och nach op e wichtege Pilier vun der Finanzplaz vun onser Ekonomie setzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | A fir ons ass et op alle Fall och net esou, wéi Dir et gesitt, Här Mosar, respektiv déi ganz CSV, fir ons ass et eng Evidenz, an elo kommen ech op d'Taxe d'abonnement, bei déi reduzéiert Taxe d'abonnement, dass een do den Atom an de Gas eraushëlt. An ech hunn dat och hei scho laang gesot. Ech mengen, déi éischt Interventiounen, wou ech op deen dote Problem higeweise hunn, datéieren dorop zrëck, wou sech ugedéit huet, dass den Atom an de Gas géifen an déi Taxonomie mat erakommen. Alles anescht, wann een nämlech e reduzéierten Taxe-d'abonnement-Saz gehat hätt, wou den Nucleaire an de Gas och mat dra wäeren, wär Greenwashing gewiescht. De Gas an och den Nucleaire, also den Uran, si fossill Energien an déi mussen do bleiwen, wou se higehéieren, nämlech ënnert der Äerd!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An ech muss soen, et ass da scho speziell, dass grad d'CSV, déi ëmmer erëm vu konkreetem Naturschutz – pardon, Der schwätzt och vu konkreetem Naturschutz, mee hei geet et ëm Klimaschutz –, vu konkreetem Klimaschutz schwätzt, sech hei géint onsen Amendement ausgeschwat huet. An domadder wëllt Der nämlech eigentlech näischt anescht maachen, wéi Investitiounen a fossille Gas als nohaltegen Invest duerstellen an domadder mat Steiergelder weider férdere, wat eng total inkohärent Positioun ass!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An da maacht Der hei och ëmmer erëm, wéi wa mer ..., wéi wann d'Taxonomie hei géif anescht benotzt gi wéi dat, woufir se geduecht ass. Duerfir wëll ech Iech och nach eng kéier erklären, wat d'Taxonomie genau ass a wat se net ass. D'Taxonomie setzt e Kader, fir ekonomesch Aktivitéiten ze klasséieren. Et ass net méi an et ass och net manner. An an där Taxonomie gëtt et verschidde Kategorien. Éischters gëtt et déi wierklech nohaltege Aktivitéiten, déi haut scho klimafreundlech sinn. Zum Beispill gehéieren dozou déi Erneierbar. An da gëtt et Transitiounstechnologien, déi manner ausstoussen an déi eventuell nach gebraucht ginn an enger Transitiounsphas. An hei gehéieren eeben och grad den Atom an de Gas mat dran.

Dat ass kee Reglement. Dat ass och keng Direktiv, wat mer hei maachen. Dat ass eng Klassifikatioun. A voilà! An dorop beschränke mer eis hei och, dass mer aus där Taxonomie en Deel eraushuelen, aus där Klassifikatioun en Deel eraushuelen, fir de reduzéierte Saz vun der Taxe d'abonnement. An ech muss natierlech soen, dass ech et selwer dramatesch fannen, dass d'Europäesch Unioen dat esou gemaach huet, wéi, voilà, d'CSV et och gesäit an hirer Positioun, dass de Gas an den Atom an déi Taxonomie erakomm sinn, well domadder verléiert d'Europäesch Unioen – a wann een dat och iwwerhëlt, sou wéi d'CSV et mécht – déi komplett Glafwierdegkeet! An ech muss einfach derzou soen: D'Majoritéit, déi gesäit dat par konter ganz anescht an ass hei konsequent a wëll de Gas an den Nucleaire dorauseraushuelen, well mir brauchen déi Sue fir d'Erneierbar an net fir de Gas, dee klimaschiedlech ass, a mir brauche se och net fir d'Atomenergie, déi geféierlech ass, ...

(Interruption)

... vill ze lues fir alleguerten déi Erausforderungen, déi mer hunn, vill ze deier an à la longue och wierklech keng Solutioun ass!

An Dir hutt gëschter och, Här Mosar, dat Beispill genannt, dass anscheinend just zwee Fonge vun där reduzéierter Taxe d'abonnement profitéieren.

Jo, ech hunn dat och matkritt. Ech wëll dozou zwou Saache soen: Éischters, mengen ech, ass et wichteg, dass een deem Instrument do, wat elo eréischt kierzlech agefouert ginn ass, seng Chance gëtt, an zweetens weist et awer och genau esou gutt, dass mer eis Efforten an eis Instrumenter an esou weider, fir wierklech eng gréng Finanzplaz ze sinn, nach weider mussen massiv ausbauen. Dat geet och net duer, dat heiten. Dat ass en éischte Schrëtt. Mir mussen dat weider ausbauen. Mir mussen alleguerten déi Instrumenter, wéi ech der eng Partie genannt hunn, nach weider ausbauen.

Mir stinn als Gréng ganz kloer zu engem attraktive Land mat enger héijer Liewensqualitéit fir d'Bierger, awer gläichzäiteg och mat Opportunitéite fir d'Betriber. An do ass natierlech d'Finanzplaz och extreem wichteg. An dofir brauche mer Courage. Mir brauche couragéiert Léisungen an eng couragéiert Approche, fir ons Ekonomie eeben zukunftsfaeg opstellen. An dat brauche mer grad och fir de wichtege Pilier vun onser Ekonomie, deen d'Finanzplaz ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | An deem Sënn soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An d'Wuert geet un den Här Laurent Mosar, deen direkt ugeschwat gi war.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci. Merci, Här President fir d'Wuert. Fir d'alleréischts erlaabt mer awer, verschidde Saachen hei ze redresséieren. Ech mengen, datt den Här Benoy mir gëschter net gutt nogelauschtert huet.

*(Interruptions et brouhaha)*

Jo, dach. Ech hunn elo dem Här Benoy nogelauschtert. Da géif ech bieden, Här President, datt net schonn direkt déi gréng Fraktioun hei nervös gëtt, wann ech nëmmen opstinn.

*(Brouhaha et interruption par M. Charles Margue)*

Et schéngt awer esou ze sinn, Här Margue! Ech wëll nach eng Kéier preziséieren, an ech hunn dat gëschter kloer hei gesot – nach eng Kéier: Mir sinn och als CSV keng grouss Unhänger vun Atomstroom a vun Atomkraaft, fir dat nach eng Kéier kloer ze soen! Mir liewen awer mat zwee Feïss um Buedem a mir sinn an der Realitéit. Et ass nun eeben esou, datt an Europa mat enger grousser Majoritéit eng Taxonomie adoptéiert ginn ass, wou een natierlech net ka begeschtert sinn driwwer, mee wat awer elo e Fait ass.

Mir soen einfach, datt ee sech elo muss un déi Taxonomie do upassen, wéi mer dat oft maachen an Europa, och mat Direktiven, déi mer mussen ëmsetzen, wou mer net ëmmer glécklech an net ëmmer frou sinn, mee dat gehéiert eeben zum europäesche Spill. An duerfir hunn ech gëschter gesot, mir géifen et eigentlech net gutt fannen, datt do och elo nach géif viru Gericht geklot ginn.

Elo awer iwwer dee Punkt vun der Taxonomie. An ech si ganz frou an, Här Benoy, erlaabt mer, Iech da vläicht ganz kuerz hei en Extrait vum Avis vun der Chambre de Commerce virzeliesen. D'Chambre de Commerce seet nämlech wuertwäertlech dat selwecht, wat ech och gëschter gesot hunn, datt et nämlech hei iwwerhaapt net drëm geet, Atomstroom eran oder eraus, mee datt et hei ëm d'Libilitéit och geet vun enger Politik vun der Finanzplaz. An erlaabt mer, Iech dat dann och virzeliesen. An ech wollt dann och Iech direkt froen, datt Der vläicht par rapport zu deenen Aussoen ..., déi, wéi gesot, net meng sinn, mee déi vun der Chambre de Commerce sinn.

Also: „la Chambre de Commerce souhaite rappeler que les fonds d'investissement luxembourgeois sont distribués largement auprès d'investisseurs à l'international. L'introduction d'un désalignement“, wat ech also gëschter gesot hunn, „entre les mesures fiscales et les dispositions de la taxonomie européenne en matière d'activités économiques durables posera sans aucun doute des questions de lisibilité du cadre juridique et fiscal [...]“, woufir ech och an der Kommissioun, Här Kersch, plädéiert hunn, „en particulier dans un contexte où l'assujettissement des fonds d'investissement luxembourgeois à la taxe d'abonnement apparaît déjà comme une particularité du Luxembourg. En effet, aucun autre État membre de l'Union européenne ne soumet à taxation les avoirs nets des fonds d'investissement ...“

**M. André Bauler** (DP) | Dat ass d'Äntwert op d'Fro.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | „... qui sont établis sur leur territoire. La Chambre de Commerce se doit de constater que les [...] éléments précités auront“, a lauschtert elo ganz gutt no, „un impact direct négatif sur la compétitivité des fonds [...] luxembourgeois et, plus largement, [...] la place financière.“

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Ganz genau dat hunn ech hei argumentéiert gëschter, net méi an net manner! An ech wär da frou, Här Benoy, wann Der géift vläicht da reagéieren net par rapport zu mengen Aussoen,

mee par rapport zu deenen Aussoe vun der Chambre de Commerce.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. Dann hat d'Madamm Martine Hansen direkt nach d'Wuert gefrot.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Entschëllegt, däréiert ech vläicht just dorop reagéieren, wannechgelift?

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat kënnt Dir, jo, wéi Dir wëllt. Da fir d'éischt den Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Merci, Här President. Also, Här Mosar, ech erklären Iech et dann nach eng Kéier.

*(Hilarité)*

D'Taxonomie, wat ass et a wat ass et net? D'Taxonomie setzt e Kader fir ekonomesch Aktivitéiten. Do gëtt et verschidde Kategorien. Et gëtt déi, déi als wierklech nohaltig agestuuft ginn, déi klimafreundlech sinn, erneierbar Energien, an et gëtt Transitionstechnologien, déi manner ausstoussen, hunn ech Iech jo gesot, déi ëmmer e bësse gebraucht ginn. Dozou gehéieren och den Atom an de Gas. A mir brauchen déi och nach e puer Joer. Mir hunn ni de Contraire behaapt.

Wat ass d'Taxe d'abonnement? Dann erklären ech Iech dat och nach eng Kéier. Dat ass eng Steuer.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat braucht Dir net ze erklären, Här Benoy!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, et schéngt awer schonn! An do hu mer elo ..., dat ass eng Tax, déi op alle Fongen existéiert, Här Mosar.

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, Här Mosar, et ass elo um Här Benoy awer. Virdrun hutt Dir dat selwer fir Iech reklaméiert. Égalité d'armes!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här Mosar, mir hu mat deem Budget, wéi ech Budgetsrapporter war, eng reduzéiert Taxe d'abonnement agefouert fir verschidde Fongen. Sou, a wat maache mer elo hei? Mir huele fir déi reduzéiert Taxe d'abonnement Atom a Gas eraus, wou mir ganz kloer soen, dass déi net sollen zousätzlech geféiert ginn. Mee Dir gesitt dat eeben anescht. Voilà! Dir wëllt, Dir wëllt ganz kloer ... Wann Der dat doten draloosst an der reduzéierter Taxe d'abonnement, wëllt Dir Atom a Gas weider extra féieren, wou awer ganz kloer ass, dass dat eng reng Transitionstechnologie ass. Et geet net duer, et ass net wäit genuch. Mee gutt, Dir wëllt déi zousätzlech steuerlech begënschtegen. Dann hätt Der also gär, dass de Steierzueler weider bezilt fir Investissemter an den Nucleaire, an de Gas!

**Une voix** | Très bien!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Méi ass dozou net ze soen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da ginn ech direkt d'Wuert un den Här Mosar zréck.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Här Benoy, also mat allem Respekt fir e bëssen Ären oberlehrerhaften Toun!

*(Exclamations et hilarité)*

Ech weess och, wat eng Taxe d'abonnement ass a wéi se funktionéiert. Déi Fro, déi sech hei stellt, ass – an dat ass och déi, déi d'Chambre de Commerce opwerft, an op déi hutt Der mer net geäntwert –, datt duerch deen Amendement, deen Der huet, d'Libilitéit, wat d'ganz Politik vun eise Fongen ... an ech wëllt

vläicht och emol nach eng Kéier preziséieren, ech hat dat gëschter vergiess ze soen: Wann ee kuckt, wou mir am Moment ..., wat nach Fonge sinn, déi mer hunn. Mir sinn do erofgaangen, ech weess net, ob Der Iech däers bewosst sidd: Vu bal 70 % vu Fongen, déi ëmmer hei zu Lëtzebuerg waren, hu mer der elo nach 55 %!

Gläichzäitig ass Irland parallel eropgaangen. Dat heescht, mir hunn och 900 Milliarden mander Bilanzomm. Dat heescht, et ass einfach eng Tendenz do, datt d'Fongegeschäft awer duerch déi ganz grouss Konkurrenz, déi eeben am internationalen Ëmfeld besteet, et am Moment schwéier huet. An duerch deen Amendement, deen d'Regierung hei hält, gëtt et nach méi schwéier. An dat ass einfach d'Fro, ob Dir net der Meinung sidd, Här Benoy, datt dat doten, och wéi d'Chambre de Commerce dat an hirem Avis ënnersträicht, awer à court an à moyen terme kann der Attraktivitéit an der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz a besonnesch vun eiser Fongenindustrie schueden.

Dat ass déi Fro, wou ech frou wier, wann Der géift eng Äntwert ginn!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här Mosar, ech mengen, dass dat net de Fall ass. Ech mengen awer grad esou gutt, hunn ech a menger Ried scho gesot, dass mer och nach aner Instrumenter mussen entwéckelen, fir méi a Richtung vun enger wierklech grénger Finanzplaz ze goen. A wann een dat doten Argument, wat Dir elo hei virbruecht hutt, weiderdenkt, Här Mosar, jo, da misst een d'Taxe d'abonnement einfach ofschafen! Dat ass net d'Positioun vu menger Fraktioun. Dat ass och net d'Positioun vun der Majoritéit. Mee ech froen Iech dann zréck, ass dat Är Positioun an déi vun der CSV?

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Nee, dat ass eeben net déi. Mir hätte just gär, a mir hunn duerfir ...

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dass de Gas an den Nucleaire weider geféiert ginn, dat hätt Der gär, Här Mosar!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Nee, nee. Här Benoy, mir hätte gär, datt mer ... an Dir hutt dat virdrun och gesot, wou ... Dir sot, jo, déi ESG-Standarden, déi wäre fir Iech net satisfactoire, kann ech akzeptéieren.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Et ginn esou vill ESG-Standarden, wéi et Sand um Mier gëtt, Här Mosar!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, et ass awer en europäesche Standard, Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dat ass net richtig!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Deen huet net d'CSV erfonden. Et ass en europäesche Standard, deen iwwerall applizéiert gëtt. Wann Dir deen net gutt fannt, ass dat Är Saach. Et ass awer och erëm eng Realitéit. Ech géif mir och heiansdo wënschen, datt déi gréng emol erëm an der Realitéit mat zwee Feïss um Buedem hei géifen ukommen!

Merci.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. Elo ass et un der Madamm Martine Hansen. Entschëllegt, Madamm Hansen, datt Der net éischter un d'Rei komm sidd, mee Dir kennt Äre Fraktiounskolleeg, den Här Mosar. Elo ass et un Iech.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Den Här Laurent Mosar huet seng Cause oder eis Cause hei ganz gutt vertrauden!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Ech wëll just soen, et geet hei ëm zwou verschidde Saachen. An ech hunn et wierklech ... Dat Wuert huelen ech elo net





an de Mond. Ech fannen et net akzeptabel, wann eis hei falsch Wieder an de Mond geluecht gi vum Här Benoy! Den Här Benoy huet gesot, wéi wann d'CSV d'Positioun hätt, wéi wann den Atomstroom an de Gas nohalteg wären. Do wëll ech kloer soen: Nee!

Mir hu bei der Taxonomie an Europa – eis Vertrieeder – dergéint gestëmmt. Mir hu gesot, dat wär net nohalteg, weeder Gas nach Atom wären nohalteg.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat hu mer gestëmmt an dat ass eis Positioun. An ech wëll do net akzeptéieren oder ech kann net akzeptéieren, datt eis do eppes anescht an de Mond geluecht gëtt! Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass: Mir hunn déi Taxonomie eeben. An hei geet et elo ëm d'Diskussioun iwwert de Budget an et geet ëm d'Diskussioun iwwert d'Kompetitivitéit vun eiser Bankeplaz. An duerfir hu mer gesot, dat dote wär dee falsche Wee.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, ech wëll och dorop äntweren, Madamm Hansen. Dat weist einfach erëm eng Kéier, wéi inkonsequent dass Der sidd!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | O!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Nee, nee, nee, nee!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dach!

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Et geet duer, Här Benoy!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Mir halen op eis Bankeplaz an Dir eeben net.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler** (CSV) | Dat ass den Ënnerscheid.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nee, dat ass net den Ënnerscheid.

**M. Fernand Etgen**, Président | Sou, elo ass et nach eng Kéier um Här Benoy an da geet d'Wuert weider un den Här Kersch. Fir d'Éischt den Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Nee, et ass gutt. Ech mengen, et ass alles gesot an där heiter Fro.

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Ok, dann ass et elo um Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. A well den Här Mosar mer d'Freed gemaach huet, mech selwer nach eng Kéier unzeschwätzen, wëll ech de Kollegen hei an der Plenië matdeelen, dass den Avis, den den Här Mosar eis elo haut virgelies huet vun der Chambre de Commerce, zu deem Zäitpunkt, wou mer dat an der Kommissioun diskutéiert hunn, nach guer net do war.

Komescherweis hat den Här Mosar awer no deem Avis gefrot. En hat also no engem Avis an der Kommissioun gefrot, den et nach guer net ginn ass.

**Une voix** | Aha.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E muss also gutt Konnexiounen gehat hunn zum President vun der Chambre de Commerce, wat mengen Informatiounen ...

**Plusieurs voix** | A!

*(Exclamations et coups de cloche de la présidence)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E muss also gutt Konnexiounen ...

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Dat do ass lamentabel!

*(Brouhaha)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | E muss also gutt Relatiounen gehat hu mam President vun der Chambre de Commerce, wat mengen Informatiounen no ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... en net ganz onbekannte fréiere Mandatär vun där nämmlecher Partei ass!

*(Interruption par M. Laurent Mosar)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, wannechgelift, Här Mosar, den Här Kersch huet d'Wuert. Ass dat schwéier ...

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Fir hie jo!

*(Hilarité)*

**M. Fernand Etgen**, Président | ... fir en aneren auschwätzen ze looszen?

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Fir hie jo, Här President.

*(Brouhaha et interruptions)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech mierken et. Ech hunn et och gëscht Owend gemierkt. Hei, gitt Iech elo vläicht e bësse Méi, Här Mosar, fir deenen anere Leit nozelauschteren!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | A vläicht nach eppes, wat ganz interessant ass, wat awer, mengen ech, jiddwereen heibanne sollt wëssen. Wéi mer eis da gefrot hunn, firwat dass den Avis vun der Chambre de Commerce fir dee Moment nach net do ass, huet den Här Mosar gemengt: „Jo, dat ass, well si musse jo bei hiren Ënnerorganisatiounen, an deem Fall bei der ALFI, nofroen, fir deen Avis geschriwwen ze kréien.“ Mir hunn et also hei mat engem Avis net vun der Chambre de Commerce direkt ze dinn, mee vun enger Ënnerorganisatioun vun der Chambre de Commerce. Dat war jiddefalls d'Erklärung, déi den Här Mosar deemools ginn huet. An dofir wonnert eis och net dat, wat do dra steet. Et bleift awer, Här Mosar, an dat ass jo de sprangende Punkt, an ech si frou, dass d'Madamm Hansen dat elo nach grad eng Kéier bestätegt huet: Dir sidd also der Meenung, dass Gas an Atomenergie keng nohalteg Energiequelle sinn an Dir hätt awer trotzdeem gären, dass de Lëtzebuerger Staat mat Steiergeschenker déi doten Energie weider férdert! Dat ass de sprangende Punkt vun der Diskussioun.

Här Mosar, kuckt emol eng Kéier hannerun Iech! Do gesitt Der eng ganz Rei vu jonke Leit op der Tribün. Wat mengt Der, wat déi iwwer esou eng Positioun denken, déi ganz kloer d'Zukunftschancë vu ganze Generatiounen a Fro stellt? Dat ass de sprangende Punkt vun der Diskussioun. An ech hat gëscht jo och schonn an der Diskussioun dorop opmierksam gemaach.

An dann nach e Widdersproch: Dir hutt eis elo gesot, d'Lëtzebuerger Fongenindustrie wär amgaangen, op Käscht vum Irland ze verléieren. Ech wëll just hei nach eng Kéier rappeléieren, ech wëll just ...

*(Interruption)*

**Une voix** | Pscht!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Nee, d'Realitéit ass déi, dass effektiv de Gesamtchiffer zrëckgaangen ass. Mee dat huet net onbedéngt domat ze dinn, dass mer manner Fongen zu Lëtzebuerg hunn. De Géigendeel ass de Fall. Mir hu méi Fonge wéi an der Vergaangenheet. Mee si hunn natierlech net méi deen nämmleche Chiffre d'affaires, well insgesamt d'Bourssen zrëckgaange sinn. Dat ass de reelle Grond, firwat dass de Chiffer zrëckgaangen ass a soss keen aneren. Mee dat war awer net d'Argumentatioun, déi ech wollt soen, d'Argumentatioun, déi ech wollt soen, fir Iech

drop hinzeweisen ... Dir argumentéiert ëmmer hei an dat ass dat, wat ech gëscht och hei op der Tribün gesot hunn: Et gëtt keen Automatismus, wa Lëtzebuerg géif den Triple-A verléieren, dass dann alles géif zesummebréchen! Dir sidd awer deen, deen dat déi ganzen Zäit de Leit erziele geet!

Mee Irland, wat anscheinend jo wënn, wat anscheinend jo esou attraktiv ass fir d'Fongen, dat huet keen Triple-A. Also nach eng Kéier: Dir sidd voller Widder spréch an et ass dofir, dass dobausse kee méi Iech eescht hëlt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Als kuerz Reaktioun op dem Här Benoy seng Ried: Also, d'Analys ass richteg. Mir mussen eppes géint d'Klimakris maachen. Ech deelen awer net d'Analys, dass genuch gemaach ginn ass. Dass mer virgi géint d'Taxonomie, ënnerstëtze mir Piraten natierlech. Mee et muss een awer dozou och soen, dass dës Regierung während néng Joer nach ëmmer 10 % Atomstroom importéiert.

Dat heescht, Dir sot op där enger Säit: Mir sollen dergéint virgoen. Dir gitt kloer. Dir hutt awer näischt gemaach, fir dass mir als Land dat net méi finanzéieren. Well wat maacht Der domadder, wann et importéiert gëtt? Den Atomstroom gëtt finanziéiert, e gëtt supportéiert. Duerfir soe mir kloer: Den Atomstrom eraus aus dem Lëtzebuerger Mix! Et sinn eng 10 %, si sollen domat direkt ophalen. Well mir kënnen net kloer goen ..., dat ass dach net gläwderdeg, wann Dir als Regierung kloer gitt an hei selwer weiderhin Atomstroom konsuméiert!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert zrëck un den Här Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Här Goergen, hutt Dir elo eeschtaft gesot, ech hätt hei gesot, mir géife genuch maachen an deem do Beräich?

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Goergen** (Piraten) | De Bilan gezunn, dass ...

**M. François Benoy** (déi gréng) | Sorry, Här Goergen. Sorry, mee dat ass wierklech ënner aller Sau, dat do!

**Une voix** | Pscht!

*(Exclamations)*

**M. François Benoy** (déi gréng) | Lauschtert Dir meng Ried nach eng Kéier no!

*(Coups de cloche de la présidence)*

Nee, dat ass einfach esou eng falsch Ënnerstellung, iergendeppes hei ze soen ...

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat heescht, Dir sot, Dir maacht net genuch!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Dat ass de Contraire vu menger Ried, Här Goergen!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Et ass de Contraire vu menger Ried. Et ass de Contraire!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dat heescht, d'Regierung mécht net genuch!

**M. François Benoy** (déi gréng) | Ech sot, mir misste méi ambitiéis sinn, an Dir sot mir hei, ech hätt gesot, mir géife genuch maachen?

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. Den Här Goergen fret nach eng Kéier d'Wuert zrëck.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Also, Här Benoy, och wann et fréi moies ass, ech hunn Är Ried esou verstanen, dass Dir gesot hutt, d'Politik vun de leschte Jore wär eng gutt gewiescht a Richtung Ëmweltschutz. D'Finanzplaz hätt sech entwéckelt Richtung Ëmweltschutz an dass do vill gemaach gi wär. An ech hunn dat esou interpretéiert, dass Dir der Regierung gesot hutt, dass si eng gutt Aarbecht gemaach huet.

*(Brouhaha)*

Eppes anescht hunn ech net verstanen. Wann Dir elo sot, dass dës Regierung keng gutt Aarbecht gemaach huet am Ëmweltschutz, sinn ech ganz bei Iech!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. Ech mengen, da kéime mer elo un dee leschten ageschriwwene Riedner fir d'Debatten zum Budget 2023. An dat ass dann den honorabelen Här Max Hengel. Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Max Hengel** (CSV) | Merci. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass gutt, dass mer elo vläicht d'Theema wiesselen, da kënne mer eis de Moien alleguer e bësse berouegen. Mee ech muss awer soen, d'Schoukläss do uewen, si hunn awer de Moie schonn eppes gebuede kritt, fir dass se esou fréi opgestane sinn!

*(Hilarité)*

Dat ass awer schonn net schlecht!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Mee wat hu se gebuede kritt?

*(Brouhaha)*

**M. Max Hengel** (CSV) | Sou. Fir unzefänke wëll ech dem Kolleg Max Hahn Merci soe fir säi Budgetsrapport. E Max huet ugefaange mat de Budgetsdebatten, e Max schléisst dann och of, sou schléisst sech dann e bëssen de Krees.

D'Theema, iwwert dat ech awer de Moie wëll schwätzen, ass e ganz eescht Theema, nämlech d'Santé mentale. Et ass en Theema, iwwert dat mir geleeëntlech heibanne schwätzen, sief et an der Semaine de la santé mentale oder während enger Fro oder enger Interpellatioun. Seele schwätze mir awer beim wichtigste Gesetz oder och beim État de la nation wirklech emol eng Kéier ausféierlech iwwert d'Santé mentale.

Mir als CSV sinn awer der Meinung, dass zu engem Moment, wou mir wirklech aus enger Pandemie erauskommen, an enger Welt sinn, déi säit Februar 2022 net méi déi selwecht ass, an där mir mat enger Energiekris an der domat verbonnener Präisdeierrecht ze kämpfen hunn, déi ganz vill Leit finanziell belaauscht, vum permanenten Defi vun der Klima- an Ëmweltkris guer net ze schwätzen, an duerch all dës Punkte souwuel de finanzielle wéi den emotionalen Drock op ganz ville Leit ganz héich ass. An eebe grad dowéinst musse mir och eng Kéier bei dësem wichtige Gesetz iwwert d'mental Gesondheet vun eiser Bevëlkerung schwätzen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | Laut der OMS, der Weltgesundheitsorganisatioun, ass d'Santé mentale en „état de bien-être qui permet à chacun de réaliser son potentiel, de faire face aux difficultés normales de la vie, de travailler avec succès et de manière productive, et d'être en mesure d'apporter une contribution à la communauté“. D'OMS ënnersträicht weider: „La santé mentale est une composante essentielle de la santé et représente bien plus que l'absence de troubles ou de handicaps mentaux.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetsgesetz ass ganz kloer e Finanzinstrument, dat de Staat brauch fir ze funktionéieren. Datt een de Budget awer och kann anescht ugoen, huet Neuseeland gewisen, wéi si 2019 e „Budget bien-être“ gestëmmt hu mat substanzialen Haussé vun de Budgetsposten an de Beräicher Santé mentale souwéi am Kampf och géint Kannerarmut an hälslech Gewalt.

Och 2019 ass hei an der Chamber den deemolege Budgetsrapporteur, den honorabelen Här Cruchten, op de PIB du bien-être agaangen an huet och op den Debat iwwert de PIB du bien-être vum Serge Wilmes an d'Interpellatioun vum Paul Galles iwwert d'Aarmutsituatioun am Grand-Duché higewisen. Och hat d'Martine Hansen 2018 scho vum Budget de bien-être hei geschwat, wat awer deemools net esou en aktuell Thema war a vläicht nach e bësse belächelt gouf.

D'Theema vum Bien-être vun eiser Populatioun ass eis also heibannen net friem, och wann ech awer d'Gefill hunn, dass an deene leschten dräi Joer – och natierlech duerch Covid bedéngt – ausser dem Schwätzen net vill geschitt ass.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll a menger Interventioun awer iwwert de Bien-être erausgoen, well wann de Bien-être vun enger Persoun net garantéiert ass, ass de Risiko grouss, dass hir mental Gesondheet dorënner leit. Grad an dëser onsécherer Zäit hu vill Leit konkret Ängschten, sief et virun enger Ausbreedung vum Krich, virun engem Winter ouni Stroum an Heizung oder virun enger finanzieller Noutsituatioun. All dës Facteure begünstegen nieft dem Alldagstress vun den Erwuessene grad esou wéi vun de Kanner a Jonken natierlech net d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun de Leit.

Eng ronn 70 bis 80 Mënschen hei am Land huele sech an der Moyenne pro Joer d'Liwen. Dës Zuele waren 2018 op 58 erofgaangen, klammen zënterhier awer erëm. Meng Fraktiounskollegin d'Nancy Arendt huet iwwerengs rezent eng Fro gestallt zu de leschte Chiffere zu de Suiciden. D'Äntwert ass nach net do, mee do muss ee leider ganz gespaant sinn, op dat, wat déi aktuell Entwécklung wäert sinn.

Am Mäerz 2021 huet de CePAS, de Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires, drop higewisen, dass hiren Estimatiounen no d'Selbstmordgedanke bei de Jonken ëm 15 % geklomme sinn. Op der Onlineplattform vum CePAS hu ronn 313 Jonker hinnen esou Suergen a Gedanken 2020 matgedeelt, par rapport zu 237 am Joer 2019. Dat ass souguer eng Steigerung vun 30 %. Hei gouf awer net nëmme vu Suicidedgedanke bericht, mee och vu selbstverletzendem Verhalen, zum Beispill duerch Riten.

Ech hat missten esou laang op meng Interventioun waarden, da gënnen ech mer elo nach e Glas Waasser entre-temps.

*(Hilarité et brouhaha)*

Déi nächste Kéier huele mer Kaffi!

Laut der Unicef leiden hei am Land 16,5 % vun de Jonken tëscht 10 an 19 Joer un Troubles mentaux par rapport zu 13 % weltwäit. 15,2 % vun de Jonken hätte laut Unicef schonn iwwer Suicide nogeduecht, 7,7 % – fannen ech ganz erschreckend! – hu schonn e Selbstmordversuch hannert sech.

Bei dësen Zuele wonnert et dann och net, dass den OKaju, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, a sengem Joresrapport 2022 drop hiweist, dass den Zougang zu Hëllef a Begleedung am Beräich vun der Santé mentale dréngend muss verbessert ginn. Ech weisen och drop hin, dass op Initiativ vum honorabele Gilles Baum viru knapp zwee Joer en Debat iwwert de Suicide hei am Haus stattfonnt huet.

Ech hunn et virdru gesot: Mir schwätzen also reegelméisseg iwwert déi Theemen heibannen, déi d'Santé mentale betreffen. Trotzdem si mir an de leschte Joren am Beräich vun der Santé mentale net wirklech virukomm. Nach ëmmer ginn d'Psychotherapien hei zu Lëtzebuerg net rembourséiert, obwuel d'Chamber am Joer 2015, dat sinn da siwe Joer hier, dat entsprechend Gesetz gestëmmt huet. D'Martine Hansen hat beim leschten État de la nation schonn drop higewisen an de Gilles Roth och nach emol gëschter a senger Ried.

Kolleginnen a Kollegen, dass dës wichtigen Dossier säit méi wéi siwe Joer schleift, ass dramatesch! Elo ass déi zweet Mediatioun gescheitert, wéi mir gëschter gewuer goufen. An ech hoffen dann, dass de Minister Claude Haagen säin annoncéiert Versprechen hält an d'Valeur vun de psychotherapeutischen Akte per Règlement grand-ducal festhält. Et ass wichtig, dass sech wirklech elo all déi concernéiert Acteure besënne, fir dass d'Psychotherapie am Sënn vun de Patienten, déi et wirklech néideg hunn, ganz séier elo rembourséiert gëtt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | Donieft ass et och esou, dass de Beruff vum Psycholog hei am Land net reglementéiert ass. Dir hat bestëmmt och rezent an der Press deem entsprechende Bericht gelies. A wann ee weess, wéi grouss de Besoin ass, an dann och weess, dass dës Doleance scho virun zwee Joer un d'Regierung erugedroe gouf, ouni dass zënterhier wirklech eppes geschitt ass, wonnert dat ee schonn.

Och d'Ausso vum Héichschoulministère, et stéing een enger Reglementatioun vum Beruff neutral gégeniwwer, ass dann awer iergendwéi schonn e bësse verworrenlech. Et ass jo awer enorm wichtig, dass an esou engem sensibelen Domän d'Leit, déi wirklech op Hëllef ugewise sinn, op d'mannst d'Sécherheet hunn, dass si mat enger qualifizierter Persoun ze dinn hunn a sech där kennen uvertrauen. Wéi kann een deem neutral gégeniwwerstoen, dass d'Patiente sollen no de Reegelen der Konscht encadréiert ginn?

Vun der Santé war et d'Ausso, et wëlt een elo och analyséieren, ob et opportun wier, de Beruff vum klinesche Psycholog ze reglementéieren, deem dann exklusiv am Gesondheitsberäich schafft. Och dat erstaunt mech. Jiddereen ass sech eens, dass eppes muss am Beräich vun der Santé mentale ënnerholl ginn, da muss an eisen Aen net och nach laang eng Analys vun der Noutwendegkeet gemaach ginn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Max Hengel** (CSV) | D'Fro, déi ech mir bei den Aussoe vun der Santé d'wer och stellen, ass, firwat hei just iwwert de klinesche Psycholog soll nogeduecht ginn. Wann een elo zum Beispill de Fall vun Däitschland hält, dann ass et esou, dass de Psychologiestudium e Masterstudiegang ass, deem ee relativ einfach misst reglementéiere kënnen. Wann een en Diplom vun enger däitscher Uni huet, huet een nieft der klinescher Psychologie och nach pedagogesch Psychologie souwéi Aarbechts-, Betribs- an Organisationspsychologie als Fächer gehat. Dat ass also e relativ breet opgestalltene Studium.

Mir sinn en plus eent vun deenen eenzegene EU-Länner, déi de Beruff vum Psycholog nach net reglementéiert hunn. Mir sinn eis also heibannen, géif ech soen, all beim Constat eens, dass et brennt: Et gëtt enorm laang Waardeleschte bei allen Ulaftstellen a Servicier, grad esou wéi bei den onofhängege Psychologen a Psychotherapeuten. Ech mengen, wann en Haus brennt, mécht een och net nach eng Analys iwwert d'Opportunitéit, fir d'Feier ze läschen, mee et ríft een de CGDIS an et léisst een einfach déi Leit hir Aarbecht maachen! Komm mir maachen et och an dësem Beräich!



Wat huet dat alles mam Budget ze dinn, frot Dir Iech? Ma ganz vill. Enger Berechnung vun der London School of Economics no gi weltwäit knapp 2 % vun den öffentlichen Budgete fir d'Santé mentale virgesinn. D'Verloschter duerch d'Konsequenzen a Sequelle vun enger mentaler Stéierung bei de Jonken gi vun der selwechter London School of Economics op 337 Milliarde pro Joer geschätzt. An deem enorme Chiffer ass elo just fir déi Jonk!

Wier et dann net schéin, wa mir hei kéinte Virreider ginn an dësem Budget? Mir investéieren och deels grouss Montante riets a léns am Beräich vun der mentaler Gesondheet. Et wär awer sënnavoll, iwwert de Budget do eng Strategie opzeweisen, déi net just finanziell Ausgaben op verschiddene Budgetposten opléscht, mee emol kloer opweist, wat an den eenzele Beräicher CePAS, Schoulen, am Hospitalier, am Extra-hospitalier a verschiddenen Ulafstellen, wat do alles gelescht gëtt.

Donieft missten awer och nach finanziell Augmentatiounen virgesi ginn, och an der Preventioun fir déi Grouss a fir déi Kleng an alle Beräicher. Preventioun, dat heescht awer och net nëmme Programmer, mee dat heescht och en Entourage vu Bien-être vu Klengem u fir d'Mënsche schafen. Ech si mir sécher, datt et sech nieft dem ville mënschleche Leed, dat kéint vermiddele oder opgefaange ginn, och finanziell fir de Staat géif rechnen!

Kolleginnen a Kollegen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Hengel.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Finanzministerin Yuriko Backes.

#### **Prises de position du Gouvernement**

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Gudde Moien, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert. A merci och alleguerten deenen, déi hei hir Interventiounen zum Budget fir d'nächst Joer gëschter an haut ginn hunn.

Ech kann, mengen ech, net op wierklech all eenzel Propositionen an Äusserung hei agoen. Da wäer mer nach warscheinlech dee ganze Moien hei, vläicht awer zu deenen engen an deenen aneren Aussoen a Propositionen e puer Remarken.

Ech mengen, am grouss Ganzen ass et e bëssen esou gaangen, wéi ech mer dat am Fong och erwaart hunn: Kriticken, dass nach vill méi, vill méi, vill méi op verschiddene Saache kéint gemaach ginn, och strukturell Mesuren, och ganz deier strukturell Mesuren, déi proposéiert gi sinn, déi sollen elo direkt kommen, matzen an enger Kris. Dat op där enger Säit.

An dann op där anerer Säit, mir hätten ze vill en héijen Defizitt. Mir hätten ze vill eng héich Dette. Dat geet awer dann net onbedéngt alles ëmmer esou zesummen. Et muss een dann de Leit och soen, wou dann effektiv soll gespuert ginn a wat net méi soll finanzéiert ginn!

Ech wëll op alle Fall de Leit kee Sand an d'Ae streeën. Dat maachen ech net. Wann et ëm d'Spuere geet, ech hu gëschter en Terme gehéiert: Gadgetsopolitik. Ech weess net wierklech, wat dat ass, Gadgetsopolitik. Mee ech géif awer emol mengen, dass déi Leit, déi op Mesuren ugewise sinn, déi heimat vläicht ugeduecht sinn, déi soen Iech Merci, wann Der dat, déi Mesuren, als Gadget qualifizéiert!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Wou soll effektiv gespuert ginn? Dat ass net wierklech thematiséiert ginn, fannen ech. Verschidde Saache sinn ugesprach ginn, och de Spacesector ass do an deem Kontext mentionéiert ginn. Ech si frou, dass de Minister Fayot de Moien hei ass. Ech weess, dass hien net ganz vill Zäit huet a muss geschwé fortgoen. Ech wär awer frou, wann hien och kéint e puer Wieder dozou soen, zum Spacesector an och vläicht méi breet zum Thema Betriber an Aiden. Hie kann op deem Punkt intervenéieren.

Ech héieren och, dass Verschiddener gesot hunn, dass d'Dépense-couranten ze héich wäeren. Ech mengen awer – an ech géif och mengen, dass mer do alleguerten d'accord sinn –, dass e gutt funktionéierenden a performante Staat awer ganz wichteg ass. Gëschter ass och e bëssen thematiséiert ginn, d'Aiden, déi missten ausbezuelt ginn, dat misst méi séier goen. Jo, wann een dat wëll maachen, da brauch een och e gutt opgestallte Staat! Ech wëll awer och do ënnersträichen, dass d'Fonctionnementskäschte vum Lëtzebuerger Staat déi zweetniddregst an der Europäescher Unioun sinn. Also, mir leien do net extreem héich, nee, éischter op der éiwer Säit vun der EU-Moyenne.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech fannen, mir hu ganz vill iwwer Krisen geschwat. An trotzdeem hat ech heiansdo d'Gefill, wéi wa Verschiddener awer da wëllen ausschléissen oder ignoréieren, dass mer effektiv an enger, zwou profunde Krisen waren, mat der Pandemie an elo an enger ekonomescher Kris, an enger Energiekris. Eventuell fale mer och an eng Rezessioun.

Ech wëll awer hei soen, dass d'Regierung ganz séier gehandelt huet, ganz responsabel gehandelt huet an och wierklech solidaresch gehandelt huet, net nëmme an dëser Kris, mee och schonn an der leschter. An déi zwou Krisen, déi hunn de Staat och ganz vill Sue kascht, hunn eist Land – well de Staat, dat si mer alleguerten – vill Sue kascht: 5,5 Milliarden. Dat si gutt investéiert Suen. A mir wëssen, dass, jee nodeem wéi, do nach weider Depensen op eis duerkommen.

Ouni dës Kris, wëll ech awer och ënnersträichen – ech hat et schonn am Oktober gesot, mee ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen –, wär och d'Trajectoire vun der Dette eng ganz, ganz aner gewiescht. Do wäer mer da fir dës Joer op 17,6 % vun der Dette par rapport zum PIB, 19,7 % d'nächst Joer an 23,5 % am Joer 2026.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wëll Iech soen: Nee, d'Staatsfinanze lafen net aus dem Rudder!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | D'Trajectoire, déi geet an déi richteg Richtung. Net d'nächst Joer, mee d'Joren duerno.

Et si verschidden Aussoe gemaach ginn iwwert d'Steieren. Verschidde Proposen, déi ech hei héieren hunn, géifen heeschen, dass mir och massiv Moins-valuë bei de Recetten domadder dann och missten a Kaf huelen, Steiertranchen eropsetzen. Dat kompenséiert déi Verloschter, wéi mer jo schonn ëfters beschwat hunn, net wierklech. Si wäeren och net onbedéngt kohärent mat de ganz wichtigen Efforten, déi mer maache müssen am Domän vum Talent Attraction. Ech mengen, dat hu mer hei och diskutéiert. Dat ass eppes, wat ganz wichteg ass a bleift, och an der Zukunft.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Et ass och net onbedéngt am Sënn vun enger besserer Kompetitivitéit vun eiser Economie.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech mengen net, dass et eis hëlleft, fir vill driwwer

ze philosophéieren, wat iwwert déi lescht Joren alles hätt kënnen oder solle gemaach ginn. Wéi vill Äppel oder Biere fir den Duuscht mer hätte missen op d'Säit leeën oder wéi vill Schockela – mir si jo elo e bëssen esou an enger prechrschtdaglecher Phas – een da vläicht nach hätt kënnen op d'Säit leeën.

Ech mengen och net, dass et hëlleft, mat den Ängschten vun de Leit ze spillen. Dat hëlleft de Leit definitiv net! Wat hëlleft de Leit? Dat ass, wa mer se konkret ënnerstëtzen. An ech mengen, dat hu mer och wierklech gemaach.

Ech mengen, et geet hei drëms, wierklech weider d'Situatioun ze geréieren. A mir sinn hei trotzdeem an enger Kris, an engem Krisemanagement, fir d'Problemer, déi sech stellen, och konkret unzepakken. An dat mécht d'Regierung och, dat mécht se scho méi laang an dat maache mer och weider. A wat d'Staatsfinanzen ugeet, maachen ech dat op alle Fall net mat enger Vue à court terme, mee mat enger Vue à long terme.

D'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, ech mengen, dat war och en Thema par le passé, elo hei an an der Debat. D'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun, dat ass eng strukturell Mesure. Déi, mengen ech, brauch awer strukturell Verbesserungen, fir kënnen gemaach ze ginn. Ech sinn do net dergéint, ech hunn dat och ni gesot. Et wär awer elo eebe leider net responsabel.

De Logement ass och ugeschwat ginn a gëschter war och de Logementsminister hei present. Deen huet sech déi verschidden Interventiounen och an dësem Gebitt ugelauschert. Ech géif hei just ganz kuerz wëlle soen, dass vill vun deene Mesuren, déi ech gehéiert hunn, hei éischter d'Demande warscheinlech géifen driwwen. Do muss een natierlech ganz gutt oppassen. Och dat gëtt eis vun internationalen Organisationsiounen ofgeroden am aktuellen Émfeld respektiv am aktuellen Kontext ass et méi sënnavoll, op der Offersäit eppes ze maachen.

Eng Mesure ass effektiv genannt ginn, déi ech och interessant fannen, dass de Staat soll verschidden existent Projete vu Promoteuren ofkafen. De Präis muss natierlech och am Sënn si vum Staat. Ech mengen, dat si Saachen, do muss ee kënnen driwwer schwätzen. An do gëtt och dru geschafft.

Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, Här President, als Konklusioun wëll ech vläicht e puer Saachen ënnersträichen. Well ech si wierklech am Fong ganz frou iwwert de Konsens, deen ech awer hei an der Chamber erausspiere, wat d'Wichtigkeet vum Anhalen trotzdeem vun deenen 30 % Limitt vun der Dette par rapport zum PIB ugeet, sou wéi et och am Koalitiounsaccord steet.

Ech wëll awer och nach eppes soen zum Triple-A. Dat ass am Fong e Qualitéitssigel. Et ass och e Standuertkrittär. Ech gesinn dat ganz gutt op all deene Reesen, déi ech dës Joer konnt maachen, ob dat a Japan war, ob dat an Amerika war, ob dat a Kanada war. Dat ass en Thema do. Dat gëtt ugeschwat. Ech fannen, dat ass a bleift ganz wichteg!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech sinn och ganz frou driwwer, Konsens hei erauszuliesen, ze spieren, wat d'Wichtigkeet vun der sozialer Komponent vun eisem Budget ugeet. Ech mengen, dat ass och e ganz wichtigen Deel, wou mer eis hei kënnen zesummefannen.

Ech héieren och ganz vill Ënnerstëtzung, wat d'Investissementen ugeet, dass mer sollen d'Investissementen héichhalen. Si müssen natierlech effikass sinn. An ech mengen, do muss een och ganz gutt drop

uechten. Ech mengen, mir gesinn hei och an der Chamber, dass kee wirklech wëll op de Wee vun enger Austeritéitspolitik goen. An ech mengen, do fanne mer och eise Wee zesummen.

Ech sinn och ganz frou iwwert d'Bekanntnis, wat ech hei trotzdem héieren, zur Wichtigkeet vun eiser Finanzplaz. Jo, et soll eng nohalte gutt a gréng opgestallte Finanzplaz sinn. Do leeë mer ganz, ganz vill Wäert drop.

An och, wat d'Kompetitivitéit vum Secteur ugeet: Ech mengen, dat ass eppes, wat ech op alle Fall ëmmer an iwwerall wäert ganz no suivieren an am A halen. Ech wëll och op dëser Plaz dem Deputéierten André Bauler Merci soen och fir seng exzellent Intervention um Punkt vun eiser Finanzplaz. Ech mengen, mir hunn do eng wichteg Verantwortung an där musse mer eis och stellen.

Et ass gëschter och iwwer Iwwerreglementatioun geschwat ginn. Ech mengen, ech hunn do eng ganz kloer Meenung derzou. Mir wëssen, dass d'Reegele vun der Europäescher Unioun kommen. Mir setzen eis op alle Fall weiderhin a ganz konsequent fir eng intelligent Reglementatioun an a fir eng proportionéiert Reglementatioun. Ech mengen, do stinn ech wirklech derhannert, well ech mengen, et geet net duer mat méi, méi, méi Reglementatioun. Si muss Sënn maachen! Si muss intelligent sinn! Si muss proportionéiert sinn!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech wäert mech op alle Fall weider fir eng responsabel, eng solidaresch a realistesch Budgetpolitik asetzen. Ech hunn et mentionéiert am Oktober, ech hunn et gëschter nach eng Kéier gesot: Sozialgestaffelt Steuererleichterunge wëlle mer a kënne mer op de Wee bréngen, wann d'Situatioun et dann och erlaabt, wann de Sputt do ass. An, Dir Dammen an Dir Hären, dat huet absolutt näischt mat Walen ze dinn!

Nach eng lescht Remark. Et war rieds gëschter vun enger Visitt vun der FISC-Kommissioun vum Europaparlament. Dozou hunn ech am Fong just eng Saach ze soen: Ech sti Ried an Äntwert virun dëser Chamber ...

**Une voix** | Richtig!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | ... an net virum Europaparlament!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Ech konnt mech och op deem Punkt mat Kolleegen aus der Eurozon ënnerhalen, déi och esou eng Visitt ofréiert kruten. An déi gesinn dat genau d'selwecht wéi ech.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | Voilà! Ech wéilt dann och, dass de Minister Fayot nach Zäit huet, fir e puer Wieder ze soen. Ier ech ophalen, wëll ech awer nach eng Kéier e ganz grouse Merci soen un d'ganz Chamber, un Iech alleguerten, fir dësen Echange, dësen Debat, en vue vun der Adop-tioun vum ganz wichtege Budget vum nächste Joer. Ech wëll och nach eng Kéier dem Budgetsrapporteur, dem Max Hahn, Merci soe fir seng exzellent Aarbecht a säin exzellente Rapport. A vun dëser Plaz wëll ech dann och profitieren, fir de Mataarbechter vum Finanzministerium Merci ze soen. Dat war keen einfachen Zäitpunkt, elo mat enger neier Ministesch, mee och am Kader vun enger Kris, an där mer sinn, esou e

Budget opzestellen, wou dat, voilà, dee ganze Kader am Fong, wirklech net einfach war. An et ass mer och ganz wichteg, fir der IGF an der ganzer Ekipp vun der IGF och Merci ze soe fir déi exzellent Zesummen-aarbecht!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci der Madamm Finanzministerin Yuriko Backes. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Merci, Här President. Léif Deputéiert, léif Kollegin Yuriko Backes, et ass wirklech eng Freed, fir hei am Kader vun der Budgetsdebatte ze intervenieren. Ech ka mech nach gutt erënneren u meng eegen Zäit als Rapporteur. Do wollt ech och dem Max Hahn nach eng Kéier felicitieren fir säi gude Rapport. Dat war bestëmmt eng intensiv Zäit, awer sécher eng ganz interessant Zäit, wou ee vill bäléiert.

Ech wäert et kuerz maachen, well ech weess, dat hei war eng laang, eng ganz laang Debatte, an Dir sidd warscheinlech alleguerten elo frou, fir op de Vott eriwuer ze goen.

Ech wollt kuerz agoen op e puer Saachen, déi gesot goufen an déi mech dann och betreffen a menge verschidde Ressourcen. D'Yuriko Backes huet et gesot, et sinn Iddie komm, fir ze spueren op verschidde Plazen. An déi éischt Iddi – oder eng vun deenen Iddien – ass am Beräich vum Spaceseक्टर komm. Ee vun de Spriecher vun der CSV, de Gilles Roth, huet kritiséiert, dass mer géifen esou vill an de Spaceseक्टर investieren.

*(Interruptions)*

Da loosst mech wannechgelift mäin ...

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... alles falsch!

**M. Fernand Etgen**, Président | Hei, loosst den Här Fayot da fir d'éischt seng Erklärung ginn an da kritt Der gären d'Wuert, Här Roth. Wannechgelift d'Leit ausschwatze loosse!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Wat ech just wëll soen, dat ass: Äre Rasonement kann net richtig sinn, wann d'Premiss scho falsch ass!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, wat d'Premiss ... ech mengen, déi schéngt hei Sujet d'interprétation ze sinn.

**M. Gilles Roth** (CSV) | A!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Wat, mengen ech, relativ kloer ass, an dat reflektéiert warscheinlech och en Avis vun der CGFP, dat ass, dass d'Envergure vum Investissement an eise Space-seक्टर hannerfrot gëtt à tout le moins. An dat ass, mengen ech, eppes, wat ech ... Bon, ech huelen dat zur Kenntnis. Dat schéngt mer awer vun enger relativ grousser Kuerzsichtegkeet ze sinn. Wann de Pierre Werner a seng Regierung deemools an den 1980er Joren esou rasonéiert hätten, dann hätte mer haut keng SES an dann hätte mer wuel och kee Spacese-  
teur, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | ... dee sech esou gutt entwéckelt, wéi dee Spaceseक्टर dat mécht.

Ech kann Iech just soen, wann et ee Beräich gëtt ...

*(Interruption par Mme Martine Hansen)*

... an der Lëtzebuerger Wirtschaft, ee Beräich, wou mer eis diversifizieren ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Madamm Hansen, wem soll ech dann elo d'Wuert fir d'éischt gi bei der CSV-Fraktioun? Dräi Stéck, déi drageschwat hunn!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Nee, nee, nee, ech soe just: Dat stëmmt net!

**M. Fernand Etgen**, Président | Da léisst ee fir d'éischt emol deen aneren ausschwatzen. Den Här Roth war direkt ugeschwat ginn ...

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Den Här Roth wëll elo gär schwätzen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Da kritt deen elo mol direkt d'Wuert, fir am Fong säint ze soe fir Fait personnel.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Maja, gutt! Dann dierf hie jo elo schwätzen.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Den Här Roth kritt ...

**M. Fernand Etgen**, Président | An déi aner, déi sollen da wannechgelift den Här Roth schwätze loosse!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Den Här Roth kritt d'Wuert, wann ech fäerdeg si mat mengem Développement!

Wann et ee Beräich gëtt, wou mer eis gutt entwéckelen, wou mer eis ganz staark entwéckelen an eiser Wirtschaftspolitik, dann ass et de Space.

*(Brouhaha)*

Den Interessé, op dee mer stoussen, vun Investisseuren a vun Entrepreneuren ass enorm. An dat ass och op alle Wirtschaftsreessen, wou ech higin, ganz kloer. Ob dat zu New York ass, a Kanada, a Korea oder zu Tokio, dat ass wirklech en enormen Interêt fir dee Secteur an d'Contributioun vun deem Secteur zu eiser Économie, awer och eisen Efforte géint de Klimawandel. An och d'Applikatiounen an der Entwécklungs-zesummenaarbecht sinn enorm.

Allerdéngs, wann ee wëll an deem Secteur weiderkommen, wann ee wëll wirklech Succès do hunn, da muss ee weider investieren. Dat ass en Effort op länger Zäit. Do geet et net duer, do ass et net gedoe mat fénnef Joer. Dat muss een iwwer 10 Joer, voire länger Zäit maachen. An da sinn ech iwwerzeegt – an d'Regierung ass och iwwerzeegt –, dass dat heite wirklech deen nächste ganz grouse Secteur à succès ka sinn an eiser Wirtschaft. Dat heescht, esou eppes, wäitsichteg Wirtschaftspolitik, dat ass eppes, wat d'CSV scheinbar verléiert huet!

Den zweete Punkt, Här President, deen ech wollt maachen, dee betrëfft eng aner Iddi fir ze spueren. An déi kënnt vun der ADR. Et ass mer rapportéiert ginn, dass d'ADR d'Iddi huet, fir an eiser Entwécklungszesummenaarbecht vun 1 % vun eise RNB, vun eise Bruttonationalakomme, op 0,7 % erofze-go. Dat verwonnert mech net weider. Dat ass e bëssen d'Playbook an och dat, wat rietsextrem a rieternational, rietsepopulistes, ...

*(Interruptions et coups de cloche de la présidence)*

... rietsepopulistesche Regierungen iwwerall, iwwerall an Europa an iwwerall op der Welt, maachen. Dat heescht, dat ass net weider erstaunlech aus deem Eck. Et ass allerdéngs fir d'éischt emol u Kalhärzegkeet, awer och u Kuerzsichtegkeet net ze iwwerbid-den. Fir d'éischt emol wäerte mer dat doudsécher net maachen, aus Grënn vun elementairem internationaler Solidaritéit!

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dat ass eppes, wat ech viru Kuerzem hei op der Tribün konnt entwéckelen a menger Ried, awer och am Interêt



vun eisem Land, dass d'Entwécklungszesummenaarbecht ... Eng ambitiéis Entwécklungszesummenaarbecht vun 1 % vun eisem RNB ass en Invest an d'Zukunft vun Europa, en Invest an d'Zukunft vun eisem Land, well mir entwéckele Länner an eiser direkter Noperschaft, awer och an anere Regiounen, wou mer Interëten hunn a wou mer et einfach och aus, nach eng Kéier, elementäir Solidaritéit maachen. Dat gehéiert zu eiser Diplomatie, dat gehéiert zu eiser Aussepolitik an dat steet eis extreem gutt zu Gesiicht!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Den drëtten Punkt, Här President, deen ech wollt maachen, ass als Äntwert op dat, wat de Laurent Mosar geschter a senger Interventiuon gesot huet. En huet Recht mam Constat, dass mer an enger schwiereger Situatioun sinn. D'Energiepräisser sinn héich. Vill Betriber wäerten effektiv d'nächst Joer nach méi Schwieregkeete kréien, well effektiv hir Kontrakter auslafen a si sech mussen nei approvisionéieren. An dat ass effektiv e Problem a manche Beräicher. Däers si mer eis ganz bewosst.

A wat och richteg ass, dat ass, dass et e Problem gëtt um europäesche Marché intérieur. Et gëtt eng Distortioun an eisem Bannemaart, déi domadder zesummenhängt effektiv, dass verschidde Länner hir Betriber subventionéieren iwwert indirekt Hëllef op den Energiepräisser. Dat ass en Thema, wat net nei ass, op dat ech reegelméisseg och d'Kommissioun hiweisen a mengen Interventiuonen am Conseil „Compétitivité“, wou mer och ëmmer wäerte ganz vigilant bleiwen elo, wat déi nächst Mesuren ugeet, déi haaptsächlech an eisen Nopeschlänner do wäerte geholl ginn, besonnesch an Däitschland. Mir wäerten dat also ganz kloer a ganz staark am A behalen a mir wäerten dat och weiderhi monéieren. Well dat ass net an der Rei.

Mir hunn eis effektiv och derzou engagéiert am Kader vun der Tripartite, fir dat weider ze thematiséieren a fir dat och weider ze diskutéieren an och dorobber de Punkt ze leeën, wann dat net gereegelt gëtt. Mee Dir wësst, dat ass e politeschen Engagement, dat ass eng Obligation de moyens. Par contre, wat net richteg ass, dat ass, dass mer näischt maachen a Reaktioun op déi dote Situatioun.

De Contraire ass wouer: Mir schöpfen dee Kader vum TCF, vum Temporary Crisis Framework, fir eise Betriber ze hëllef, maximal aus. Dat war de Fall am éischten Tripartite-Accord, am Solidaritéitspak 1.0, an och duerno am Solidaritéitspak 2.0. A loosst mech vläicht just ganz kuerz op déi verschidde Mesuren agoen, déi mer do geholl hunn.

Fir d'éischt fir déi ganz kleng Entreprises, wou d'Energieprovideren, an éischter Linn Enovos, keen Ënnerschied maachen, ob dat elo e Menage ass, e Stot, oder eng Entreprise. Déi beneficiéiere vun deene selwechten Elektrizitéits- a Gaspräisbremse wéi d'Betriber, wéi d'Haushalter, wéi gesot, am Kader vun dem leschten Tripartite-Accord.

Dann hu mer och nach Aiden agefouert fir déi grouss Betriber. Déi nächst Serie vu Bähëllef fir Betriber gëtt net méi spéit wéi d'nächst Woch en Dënschen hei am Plenum gestëmmt. Dat sinn Aidë fir Betriber bis zu 4 Milliounen Euro. Bis elo ass dat limitéiert op 2 Milliounen Euro pro Betrib, an déi ginn allouéiert, wann d'Energiekäschte méi wéi 1,5 % vum Émsaz oder der Valeur de production vum leschte Joer ausmaachen. Wann Der sot, „de Kader voll ausschöpfen“ ... Ech kann Iech soen, do gëtt et kaum e Land, wat déi Limit do esou niddreg fixéiert huet, wéi mir dat gemaach hunn.

Da gëtt et Aidë fir déi ganz grouss méi exportorientéiert Industriebetriber, déi bis zu 50 respektiv 75 Milliounen Euro Hëllef kënnen kréie pro Entreprise. Och dat ass konform zu den EU-Krittären. An Dir wësst, dass de Mittelstandsminister viru Kuerzem och hei am Plenum war fir déi Aidë fir kleng a mëttelgrouss Betriber vu bis zu enger hallwer Millioun Euro. Do si scho ganz vill PMEen, déi déi Aiden ugefrot hunn. Am Ganzen hu mer do scho ronn 600 Demanden erakritt vu Betriber fir déi finanziell Hëllef.

Mir bleiwen awer net dobäi stoen. Mir sinn am permanenten Austausch mat de Verrieder vun den Entreprises, och mat der Fedil, fir do ganz enk am Kontakt ze sinn a fir, wéi gesot, do Adaptatiounen ze maachen, wann dat néideg ass. A mir behalen natierlech och weiderhin ëmmer de Bléck op dat, wat an deem europäesche Kader do geschitt un Adaptatiounen.

E weidere Punkt, un deem mer schaffen, dat sinn déi sougenannte PPAen, Power Purchase Agreements. Dat sinn u sech laangfristeg Kontrakter, wou d'Betriber kënnen erneierbar Energie akafen. Déi lafen iwwer aacht bis zéng Joer an do muss een och kënnen de Präis ausgläichen.

Wat enttäuschend ass, ech soen dat ganz kloer, dat ass, dass déi Europäesch Kommissioun déi PPAen do nach net an hiren TCF mat erageholl huet. Dat, muss ech éierlech soen, verstinn ech net esou richteg, well dat schéngt mer wierklech en Instrument ze sinn, wou mer kënnen den Ausbau vun den erneierbaren Energie ganz staark fërderen. Dat ass och eng Demande vun den Entreprises. Dir hutt d'Entreprises am Beräich vum Agroalimentaire ugeschwat. Och Lëtzebuerger Entreprisë si ganz staark interesséiert un deene Power Purchase Agreements.

An ech kann Iech soen, dass mer onofhängeg vun deem, wat d'Europäesch Kommissioun mécht, dorunner schaffen, fir esou e Kader en place ze setzen, fir eise Lëtzebuerger Entreprises et ze erlaben, där Kontrakter do ze maachen. Mir mengen, dass dat am Sënn ass vun enger Ofsécherung vun hirem Energieapprovisionnement an natierlech och am Sënn ass vum Klima, well mer, wéi gesot, do erneierbar Energien dermadder fërderen.

Eppes Weideres, wat mer och nach maachen, dat ass de Klimapakt fir Entreprises. Dat ass eng Measure aus der Tripartite vum Mäerz. Do wäerte mer Mëtt Januar zu e puer Ministeren eng Rëtsch vu Mesurë virstellen, fir d'Betriber ze sensibiliséieren, awer och fir hinne konkret ze hëllef, déi richteg Technologien anzesetzen an déi entspreche Decisiounen am Kader vun der ekologescher Transition ze huelen, déi bei hir Aktivitéiten do passen.

Dir hutt och eppes gesot, Här Mosar, iwwert d'Transition énergétique, dass do net géif genuch gemaach ginn, fir eis Entreprises op deem Wee ze begleeden. Mir wëssen alleguer, dass mer do mëtten dra sinn. Mir hätt gär, dass eis Entreprises, wéi gesot, méi ëmweltfrëndlech schaffen an och hir Energie haaptsächlech iwwer Erneierbar an och Elektrifizierung bezéien.

Dozou géif ech gär e puer Saachen soen. Déi éischt Measure, déi mer do geholl hunn, dat sinn déi elektresch Borne bei de Betriber. Ech ginn elo net op den Detail hei an, mee dat ass eppes, wou mer 40 Milliounen investéieren, fir d'Betriber ze encouragéieren, fir Elektroborne bei sech ze installéieren. Do ass den éischten Appell ofgeschloss. Do si bis elo 61 Demanden erakomm. An den zweeten Appell gëtt den 1. Januar och do lancéiert.

Déi zweet Measure, déi mer gemaach hunn an deem Beräich, dat ass en Appell fir Fotovoltaikanlagen. Dat

ass, fir u sech Betriber ze incitéieren, Fotovoltaikanlage bei sech ze installéieren, fir méi Autoconsommation och ze maachen.

Där Installatiounen gi wierklech elo massiv gemaach vun Enovos op Diecher vun haaptsächlech groussen Industriebetriber. A mir investéieren hei 30 Milliounen Euro. Och do ass en Appell erausgange, notament fir d'Produktioun vun Energie, déi wéi gesot, dann duerno kann autoconsomméiert ginn. Och dat féiert derzou, dass Entreprises iwwer Jore méi stabil Energiepräisser wäerten hunn, wat och méi bëlleg ass wéi d'Energie, déi een da muss op internationale Bourse kafen.

Doriwwer eraus, wann Der d'Transformatioun vun eiser Ekonomie uschwätzt, muss ech Iech soen, dass mer och ganz vill maachen am Beräich vun den Investissementen ënner eisen Aidëregimenter. Ech kann Iech d'Beispill gi vu Guardian, déi an en neie ganz effizienten Uewen investéiert hunn, awer och Arcelor-Mittal, déi dëst Joer annoncéiert hunn, dass se géife méi wéi 100 Milliounen Euro a grénge Stol, an d'Produktioun vum grénge Stol investéieren op hire verschidde Sitten hei zu Lëtzebuerg. Dat ass, mengen ech, e ganz kloer Zeechen, dass d'Industrie ënnerwee ass fir dohinner an dass mer se och op deem Wee do ganz kloer ënnerstëtzen.

An där Transition mussen mer allerdéngs eis Industriebetriber och schützen. An dat maache mer doduerch, dass mer engersäits natierlech hir Investissementen fërderen, mee anersäits och um europäeschen Niveau déi néideg Jalone setzen, fir dass dat méiglech ass.

Dir krut mat, dass viru e puer Deeg den europäesche CBAM adoptéiert ginn ass, dat ass de Carbon Border Adjustment Mechanism. Do geet et drëm, d'Importeure vun deene fënneg ganz energieintensiv Produktiounen Zement, Stol, Aluminium, Dünger an dee fënnefte vergiesse ech ëmmer, mee et sinn der fënneg, fir déi u sech derzou ze bréngen, dass déi Importer aus dem Ausland, déi mat manner strengen Oplage vun CO<sub>2</sub>-Emissiounen produzéiert ginn, mussen ausgeglach ginn. Dat ass eng ganz wichteg Measure, déi, wéi gesot, eis europäesch Betriber schützt vis-à-vis vun der Konkurrenz aus dem Ausland an déi och wäert derzou féieren, well dat huet natierlech mat dem ETS-Mechanismus ze dinn, dass d'Entreprises a Richtung Dekarbonisatioun ginn. Et dierf ee wierklech d'Wichtigkeet vun där Measure do net ënnerschätzen. Dat ass e Paradigmewissel an dee wäert derzou féieren, dass d'europäesch Industrie sech kann dekarboniséieren an trotzdeem kompetitiv ka bleiwen am internationale Verglach.

Voilà, Här President, dat wat ech wollt soen. A vläicht nach e lescht Wuert zu de regionalen, nationalen Aktivitéitszonen, déi den Här Mosar och ugeschwat huet. Dat ass effektiv richteg, dass dat e Problem ass. Mir gesinn dat och an der Ëmsetzung vum Plan sectoriel vun de Zone-d'activitéen. Ech sinn do am enke Kontakt mat ganz ville Gemengesyndikater, och mat Gemengen direkt, fir se derzou ze incitéieren, méi Aktivitéitszonen ze erschleissen. Ech weess, dass dat ëmmer eng schwiereg Diskussioun ass. D'Nuisancë vun Aktivitéitszone kann een net ofstreiden. Mä op där anerer Säit brauche mer däers Terrain. Mir brauchen Terrain fir eis Betriber, mëttelstänneg Betriber, awer och méi grouss Betriber. Mir wëssen, dass et iwwerall do eng grouss Demande gëtt an dass mer net méi genuch Plaz hunn. Duerfir en Appell och hei nach eng Kéier un all gutt Volontéiten, och vun der Gemeng Lëtzebuerg, mee awer net nëmmen, fir hei wierklech matzeschaffen, fir esou vill wéi méiglech Aktivitéitszonen ze erschleissen, fir dass eis Betriber sech och weiderhi kënnen gutt entwéckelen.

Voilà! Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.





**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. An dann huet fir d'éischt den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot zum Punkt 1 vun der Interventioun vum Här Fayot.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President, ech wäert ganz kuerz op dem Här Fayot säin arrogante Riedebäitrag, och vis-à-vis vun der CSV, am Kader vun enger Motioun agoen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser zum Punkt 2 vun der Interventioun vum Här Fayot.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Ech si warscheinlech e bässe manner kuerz, Här President. Well hei ass eppes geschitt, wat net därerf geschéien an engem Parlament! Ech muss soen, ech maache mer Suergen ëm Iech, Här Fayot, ëm dës Regierung, wann Der et net fäerdegbréngt, Iech politesch mat engem Géigner ausernaneresetzen, anescht wéi e perséinlech, also als Partei, hei mat impertinenten Argumenter, mat Falschbehauptungen, unzegräifen. Et kann net sinn – et kann net sinn! –, Här Fayot, datt Dir hei eng Partei wéi d'ADR als rietsextremistesche ugräift, déi et net ass!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | A bon!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dat weist, datt Dir keng Anung hutt, wat Rietsextremismus ass!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Wat sidd der dann?

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir kennt Är Iddiegeschicht net. Mir sinn eng konservativ Partei. Mee lauschtert mer no! Wou fënnt een hei, wou fënnt een an der politescher Landschaft hei am Land esou Iddie wéi de Kollektivismus, woubäi mir déi individuell Fräiheete verdeedegen? A wéi engem politesche Lager sinn déi antisemitische Organisatiounen, fanne méi Ennerstëtzung hei am Land, bei Ärem Lager oder bei eisem? Wou ass de Schutz vum Liewe méi grouss geschriwwen - bei der Euthanasie oder beim Avortement, wou d'Liewen ëmmer manner consideréiert gëtt -, ass dat éischter op Ärer Säit oder op eiser Säit?

Wou ass d'Meenungsfräiheet am beschte garantéiert hei am Land? Bei eis, déi näischt anescht maachen, wéi d'Meenungsfräiheet permanent ze verdeedegen ...

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dir sidd just amgang ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... oder an Ärem Lager, déi se permanent aschränken? Lauschtert mer no, Här Fayot, well ech sinn nach guer net fäerdeg!

*(Interruption)*

Ech sinn nach net fäerdeg!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dir maacht eng perfekt Demonstratioun vun deem, wat ech gesot hunn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Et ass net méiglech, Här Fayot, et ass net méiglech – Här Fayot, lauschtert mer no! –, datt an engem Land, wat hofreg soll sinn, ...

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dat ass déi perfekt Demonstratioun vun deem, wat ech gesot hunn!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... datt et keng extremistesche Beweegungen huet, ...

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Geschwurbelt an alles duerjerneegehäit.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | ... weeder um lénken nach um rietse Bord, datt e Minister, e Member vun der Regierung heihiként an e Gespenst moolt, wat mir gottseidank an dësem Land net mussen erdroen! Et ass politesch irresponsabel!

Elo sinn ech op deem zweete Punkt mat Ärer Solidaritéit, déi Der eis elo virwerft net ze hunn. Wësst Der, datt mir gesot hunn, datt mir selbstverständlech solidaresch sinn, an déi 0,7 %, zu deene Lëtzebuerg sech engagéiert huet, dat Versprieche hale mer. Gitt Der da bei déi aner Länner, déi Entwécklungshëllef hunn, déi wäit manner wéi 0,7 % hunn, e puer, déi se erofgesat hunn? Sot Der deenen datt selwecht? Sot Der deene Regierungen, si wiere rietsextremistesche, well se manner wéi 0,7 % bezuele vun hirem Bruttonationalakkommes fir Entwécklungshëllef?

Wësst Dir net, datt eng Politik, déi iwwer 60, bal 70 Joer elo gemaach ginn ass, an e ganz, ganz gemäsegten Erfolleg huet, vläicht eng Kéier muss iwwerduecht ginn an op en anere Wee gaange muss ginn, fir géintiwier den Entwécklungsstaaten eng Solidaritéit ze weisen, déi se vläicht besser a méi séier no vir bréngt, wéi eng Politik déi Dir säit 70 Joer bedreift an u sech een Echec ass, déi Korruptioun produzéiert an net vill ekonomesche Progrès an deene meeschte Länner, déi dervu profitéiert hunn?

Dir kommt heihinner an Dir maacht eng Politik, well Der net kapabel sidd ëmzedenken, well Der d'Zeeche vun der Zäit net verstitt, ...

*(Exclamations et coups de cloche de la présidence)*

... well Der net kapabel sidd, eppes ze änneren, wat sech net bewäert huet! An da kommt Dir heihinner an Dir sot, mir wäeren net solidaresch! Ma mir hu wéinstens de Courage, Politik ze iwwerdenken an nei Weeër ze goen a besser Iddien ze vertrieeden!

An Äert eenzegt Argument an deem Fall, well Der argumentativ géint eng ADR net kënnt duerhalen, ...

*(Hilarité)*

... dat ass fir ze soen: „Dir sidd Rietsextremisten!“ Ma Dir sidd en Extremist am Geescht, well Der einfach net kapabel sidd, ...

*(Exclamations)*

... eng differenzéiert a politesch kloer Analys ze maachen an déi héiflech eriwuerzebréngen!

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech ginn d'Wuert direkt zréck un den Här Fayot.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, also, Här President, den Här Kartheiser huet elo just déi wirklech bescht Preuve gemaach vun deem, wat ech gesot hunn. Den éischten Deel vu sengem Exkurs ass e Potpourri vu lauter wirren a konfuse Gedanken vu ...

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dir hutt verluer!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | ... konservativem oder rietsextremem Gedankgutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, Dir hutt net méi d'Wuert. De Moment huet den Här Fayot d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här Kartheiser, Dir hutt virun 80 Joer verluer!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dat ass déi perfekt Demonstratioun vun deem, wat ech gesot hunn. Alles an Ärem Discours, Här Kartheiser, alles, wat Der sot, déi ganzen Zäit hei an der Chamber, ass de Beweis, dass Är Partei rietsextrem ass!

*(Interruptions)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Topert!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dir kënnt dat konservativ ...

**Une voix** | O!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift, Här Keup, wannechgelift, Här Keup!

**M. Fred Keup** (ADR) | Et gëtt eng Limitt!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Also, Här President ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Stopp! Et gëtt eng Limitt, Dir hutt Recht, och an der Ausdrucksweis!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Här President, ech war sechs Joer Deputéierten hei an der Chamber. Ech sinn elo säit zwee an en halleft Joer Minister. Ech sinn nach ni hei an der Chamber „Topert“ genannt ginn. Ech fannen, dat ass ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Also, Här Keup, een Avertissement fir dat Wuert, wat ech net widderhuelen, en Avertissement dofir!

**M. Fred Keup** (ADR) | „Rietsextrem“ geet?

**M. Fernand Etgen**, Président | Dir wësst jo och, wat dat bedeit? Gutt.

*(Interruptions)*

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Ech fannen dat extrem grav! Ech fannen dat ... Also ech sinn net susceptibel, mee ech fannen dat extrem grav! Dat ass wierklech en Ecart, deen och erëm eng Kéier weist, wéi déi Leit hei fonctionéieren!

**M. Fernand Etgen**, Président | Wannechgelift!

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Wa se de Spiegel virun d'Nues gesat kréien, da weise se hiert Gesicht!

*(Interruption par M. Fred Keup)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Keup, elo geet et duer!

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dat weist, wéi déi Leit do fonctionéieren. Dat weist, dass se ausfällg ginn, wa se konfrontéiert gi mat hirer politescher Blutgrupp. An dat ass fir mech, jo, dat ass effektiv net acceptabel! Et wonnert mech awer och net vun deem Deputéierten, vun deem dat elo komm ass. Wéi gesot, dat alles, hei gëtt alles duerjerneegehäit, et gëtt alles an ee Kuert gehäit an duerno gëtt gesot, dass se e genialen argumentativen Discours hei gehalen hätten. Dat ass natierlech komplett falsch, Här Kartheiser!

Dat, wat Dir maacht oder wat Der proposéiert hutt, fir bei eiser Entwécklungszesummenaarbecht vun 1 %, wat d'Bekanntnis ass vun dëser Regierung, wat, mengen ech, och e breede Konsens huet hei an der Chamber – och bei der gréisster Oppositionspartei –, wat, wéi gesot, eis als Land extrem héich ugerechent gëtt an eiser Diplomatie, an eiser Aussepolitik, wat och, mengen ech, e Mierkmol ass vun der Effikassitéit vun eiser Kooperatiounspolitik contrairement zu deem, wat Der sot, erofzegoen, dat weist, dass Der keng Anung hutt vun deem, wat mer maachen an der Entwécklungszesummenaarbecht!

Alles dat, dat ass en Engagement vu Lëtzebuerg. Dat ass en Engagement vun dëser Regierung. Zu deem sti mer ganz fest! An ech kann Iech just soen, dass all déi Regierungen, déi erofgaange si mat hirer APD, well se fannen, dass dat eng gutt Iddi ass, fir an dësen Zäiten dorunner ze spueren, dass dat alles Regierunge sinn, déi Participatioun hu vu Parteien, déi Är am Gedankgutt ganz, ganz nostinn! Dat ass dat, wat ech dozou wollt soen.

An dat ass, mengen ech ... Do brauch een net e groussen Analyst ze sinn, fir dat ze gesinn. Dofir geet et duer, d'Press ze liesen!

Villmools merci, Här President.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Fayot. Da freet den Här Kartheiser nach eng Kéier d'Wuert fir Fait personnel. Ganz kuerz – an Dir musst beim Fait personnel bleiwen a keng Parteidied méi hei halen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, et ass ganz schwéier am Fall, wou ee beleedegt gëtt, an dat ass eng Beleedegung, wann ee gesot kritt, et wier ee Rietsextremist, wann ee keen ass!

*(Interruption)*

Dann ass et ganz schwéier, den Ënnerscheid ze maachen tëscht deem, wat elo eng perséinlech Beleedegung ass an e rengen Fait personnel an enger méi politescher Analys. Well den Här Fayot huet dat jo u sech vermëscht. Ech wëll awer ganz kloer soen, datt d'Regierung, net den Här Fayot aleng, och en anere Minister hei viru Kuerzem probéiert huet, deen do Discours ze féieren.

Ech wëll Iech just soen, Här Fayot, Är Defense war iwwregens extreem schwach. Loosst mech Iech dat och soen. Reng akaademesch gesinn, war dat wirklech ganz schwach! Mee dat ass Äre Problem, dat ass net mäin.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Dir sidd keng Autoritéit, Här Kartheiser! Dat gleeft kee Mënsch Iech, dat do! Akadeemesch hutt Dir null Presenz!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mee de Problem ass ..., de Problem, Här Fayot, ass: Dat ass ee vu politescher Kultur a vu politescher Hygiène. Dat ass u sech de Problem!

**M. Sven Clement** (Piraten) | D'Deputéiert hu sech net un d'Gesetz ze halen!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Wann Dir wéisst, wann Dir wéisst, well dat héiert een och dacks an Europa, wann Dir wéisst, wat de Rietsextremismus, et par ailleurs och de Lénksextremismus, iwwert deen net vill geschwat gëtt ...,

*(Exclamations)*

... als politesche Phenomeen duerstellt, vun enger mënscheveruechtender Brutalitéit, da géif et Iech ni afalen, wann Der dat wéisst, iergendee vun deene 60 gewielte Vertrieeder vum Lëtzebuerger Vollek mat esou engem Virwurf ze confrontéieren!

*(Coups de cloche de la présidence)*

Dir sidd einfach an Ärer Argumentatioun wäit, an erlaabt mer, Iech dat ze soen, wäit ënnert deem moraleschen Niveau, deen ee vun engem Member vun der Lëtzebuerger Regierung däerf a muss erwaarden! Dat war eng ganz, ganz schwach Prestatioun, Här Minister!

**M. Fernand Etgen**, Président | Här Kartheiser, mir si beim Projet de loi 8080 a beim Projet de loi 8081 iwwert de Staatsbudget vum nächste Joer. Dese Punkt ass domadder ofgeschloss. Da ginn ech nach eng Kéier d'Wuert un den Här Laurent Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, zu engem Punkt, mengen ech, dee manner wäert fir Opreegung surgen. Nach eng Kéier, d'Äntwerten, déi den Här Fayot mer ginn huet par rapport zu enger Rei vun Ausféierungen, déi ech gëschter am Numm vu menger Fraktioun gemaach hunn, wou ech fir d'alleréischt begrëssen, datt den Här Fayot a mir selwer quasiment déi selwecht Analys maachen, och iwwert

d'Schwieregkeet, an där sech ganz vill Entreprises am Moment befannen duerch déi Explosioun och vun de ganzen Energiepräisser.

Ech hunn och opmierksam nogelauschtert, wat den Här Fayot hei gesot huet, wat ech och vun der Analys aus deelen. Ech hätt awer nach ... Well déi Froen net genau beäntwert gi sinn, wollt ech awer nach eng Kéier kuerz nohaken. Déi éischt Fro war, déi ech gestallt hunn, datt déi Garantien, esou wéi se méiglech wieren, net géife bis zum Maximum ausgereizt ginn. Ech huelen dann Akt vum Här Fayot. Dir sot, dat wier net de Fall, déi géifen also bis zum Maximum ausgereizt ginn, well do et och net ëmmer ganz einfach ass, sech erëmzefannen an deene Mesuren, mir awer esou war, wéi wann eenzel Entreprises a verschidde Konditiounen just kéinte vun engem Plaffong vu 500.000 Euro profitéieren. An Dir hutt selwer gesot: „A sech ass de Plaffong 2 Milliounen.“ Wéi gesot, ech huelen Akt dervun, wann Dir mir dat esou sot, da gleewen ech Iech dat. Dann ass dat och fir mech ok.

Déi zweet Fro, déi ass awer u sech méi wichteg. Dat ass déi par rapport zu deenen Hëllef, déi besonnesch am Moment Frankräich an awer och Däitschland hiren Entreprises accordéieren, andeem se zu engem ganz, ganz groussen Deel d'Elektreschpräisser subventionéieren.

Dir hutt hei zu Recht gesot ..., ech deelen déi Analys, ech hunn dat och gëschter gesot, datt ech mengen, datt dat net ganz konform wär mat de Reegele vum Bannemaart. Et ass awer nun emol eng Realitéit. An ech sinn och mat Iech d'accord, wann Der sot, dat dierft ee sech net onbedéngt bidde loosse, Dir géift och do intervenéieren. D'Realitéit ass awer, datt vum nächste Joer un déi meescht Kontrakten auslafen an datt déi Entreprisë sech an enger Situatioun erëmfannen, wou si méi wéi dat Duebelt vum Elektresch bezuele wéi notament an Däitschland an a Frankräich.

An déi Fro, déi ech eigentlech gär vun Iech beäntwert hätt: Wann d'Kommissioun elo net Drock mécht op Däitschland an op Frankräich – an ech mengen, mir wëssen, wéi staark déi Länner awer sinn, dat schéngt mer also relativ onwarscheinlech ze sinn, datt do Drock kënn –, wat envisagéiert dann d'Regierung konkret d'nächst Joer ze maachen, fir awer do den Entreprises ënnert d'Äerm ze gräifen? Well notament am agroalimentaire Secteur – dat hutt Der selwer gesot – ass d'Situatioun ganz ugespaant.

Nach eng Kéier merci fir Är Äntwert, Här Fayot.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Mosar. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Här Wirtschaftsminister.

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Jo, merci, Här President. Bon, Här Mosar, mir sinn der Meinung, dass déi Verbreederung vun den Hëllef, déi mer elo maachen, dat heescht, andeem mer eropgi mat de Montante bis zu 2, voire 4 Milliounen, dass dat besonnesch deene Betriber, déi elo am meeschten ënnert där Concurrence déloyale do leiden, wäert erméiglechen, dee Level-Playingfield do u sech erëm hierzestellen. Dat korrespondéiert méi oder wéineger mat deem, wat se verléieren am Verglach zu deene Betriber an eisen Nopeschlänner.

Dat ass dat, wat op alle Fall erausgeet aus den Diskussiounen, déi mer hu mat der Wirtschaft, mat der Fedil a mat deene betraffene Betriber, soudass dat u sech fir de Moment déi Mesure ass, déi mer wirklech geholl hunn an déi och wäert wirken, fir hinnen ze erlaben, weiderhin och konkurrenzfäeg ze sinn op deem Maart, op deem se a Konkurrenz si besonnesch mat Betriber aus eisen Nopeschlänner.

An doriwwer eraus wäerte mer natierlech weiderhi kucken, wéi deen TCF do evoluéiert. Dat ass jo en Instrument, wat warscheinlech nach ugepasst gëtt. Dat hânt natierlech och alles dervunner of, wéi dee schreckleche Krich do evoluéiert. Mee dat behale mer, wéi gesot, am An a mir wäerten do nobesseren, wann dat muss sinn.

Här President, et deet mer leed, ech ka mer dat net verquessen, awer nach eng Kéier den Deputéierte vun der ADR ... Et deet mer leed. Vun Iech ze héieren, déi en Deputéierten an hire Reien hunn, deen e Minister op der Tribün „Topert“ vernennt, déi en Deputéierten an hire Reien hunn, deen au pénal condamnéiert ginn ass, an da mir hei ze soen, ech hätt kee moraleschen Niveau, dat ass wirklech awer ënner aller Klarinett! Dir hutt net, Dir hutt net de moraleschen Usproch, esou Saachen ze soen! Kuckt Iech emol eng Kéier an de Spigel!

*(Brouhaha)*

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Wirtschaftsminister. Dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot. Här Kartheiser, wannechgelift, et gëtt eng Reiefolleg, et gëtt eng Reiefolleg. Nee, et ass elo um Här Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wollt u sech just dem Här Fayot eng Fro stellen, mee nodeems den Här Kartheiser iwwer Rietsextremismus hei philosophéiert huet, kommen ech net derlaanscht, drun ze erënneren, wat an deenen Deeg an Däitschland lass ass, wou notament e Putschversuch vu rietsextremer Säit gestart ginn ass.

*(Interruptions)*

Jo, Här Wolter, ech gleewen Iech, dass dat heite fir Iech ze laang ass, mee Dir waart elo zwee Deeg net hei, da musst Der dat heiten och erdroen. Et deet mer leed.

*(Brouhaha)*

Et deet mer leed. Hei gi Saache gesot, déi et net zouloossen, dass een net widderspricht.

**M. Fernand Etgen**, Président | Sou, elo huet just nach den Här Kersch d'Wuert fir de Moment.

*(Interruption par M. Michel Wolter)*

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Här Wolter, wannechgelift, frot Iech d'Wuert an da kënn Der schwätzen, esou wéi déi aner Leit och!

Mee, nee, dat geet net. Wann een iwwer Rietsextremismus schwätzt a mécht, wéi wann dat keng Gefor wär, da muss een einfach kucken, wat an eisem Nopeschland lass war. An et sinn net nëmme déi Leit, déi dat dote probéiert hunn, mee et sinn och déi, déi hinnen den Terrain virbereeden. An do ass Är Virbildspartei an Däitschland, nämlech d'AfD, ganz gutt mat implizéiert an et ass dat, wat hei sollt ausgedréckt ginn, an et ass och Zäit, dass dat nach eng Kéier widerholl gëtt!

Mee zu der Fro, déi ech dem Här Fayot wollt stellen, well dat mech wirklech interpelléiert huet. Dir hutt gesot, et wären eng ganz Rei Länner, déi effektiv hir Mëttele fir d'Kooperationszusammenaarbecht zréckgedriwwen hätten.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President ...

**M. Fernand Etgen**, Président | Hie stellt eng Fro un de Minister.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Gëtt et Aschätzungen an der Tëschenzäit, wat dat fir Auswirkungen huet an deene Länner, déi net méi vun deene Mëttele kënnen profitéieren? A virun allem, gëtt et och eng Aschätzung doriwwer, wivill Mënscheliwwen dat scho kascht

huet? An déi Fro adresséiert sech dann natierlech och direkt un déi, déi hei antrieden, wéi wa si déi eenzeg wäeren, déi d'Schöpfung op der Welt an déi d'Liewe wéilte verteidigen. Dat ass eppes, wat mech wierklech géif interesséieren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kersch fir déi Fro un den Här Wirtschaftsminister, deen dann d'Wuert kritt, fir dorobber ze äntweren.

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Merci, Här President. Et ass éischter de Kooperatiounsminister, deen, mengen ech, hei viséiert ass. Et sinn effektiv Länner ... Déi éischt, déi dat gemaach hunn a relativ staark, dat ass England. Et ass och elo Schweden, déi erofgaange si mat hirer APD. An dat sinn natierlech direkt Coupén, déi och ganz staark de multilaterale Beräich betreffen. Do sinn UNO-Agencen, déi net méi kënne finanzéiert sinn. Dat limitéiert hir Aktioun um Terrain. Wann ee weess, dass e PAM, de Programme alimentaire mondial, elo scho chronesch ënnerfinanziéiert ass, awer och d'UN-Flüchtlingswierk a vill aner UNO-Agencen, dann impaktéiert dat natierlech direkt deenen hir Aktiounskapacités um Terrain. Do kënne manner Leit vun alimentärer Hëllef beneficiéieren, et kënne manner Leit Soine kréien, an dat huet en direkten Impact.

Ech kann Iech dat elo hei aus dem Stand net quantifizéieren. Ech kann dat awer gären, ganz gären noreechen. Mee dat huet ganz wuel en Effet op ganz, ganz vill Mënscheliwwen an deenen Entwécklungslänner, wou souwuel déi multilateral Agencen aktiv sinn, awer och natierlech wou déi Länner am Bilateralen ënnerwee sinn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Kooperatiounsminister. An da ginn ech d'Wuert un den honorablen Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Merci. Merci, Här President. Just, fir eng perséinlech Bemierkung ze maachen, mengen ech, wéi awer och eng ganz Rei vu Kolleegen denken. Haut deet et mer leed, dass d'Kolleege vun der ADR keng Aen um Réck hunn, well soss hätte se gemierkt, dass uewen op den Tribüne jonk Leit sëtzen, déi sech wëlle familiariséieren mat dem Liewen hei an der Chamber, mat den Diskussiounen hei an der Chamber. An ech wëll deene jonke Leit soen, dass et net üblech ass, net üblech ass, dass hei an der Chamber een deen aneren „Topert“ nennt, ...

*(Interruption)*

**M. Fernand Etgen, Président** | Jo, jo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | ... wëll ech just soen. Dat gëtt nämlech e falscht Bild vum Ëmgang ënnert deene verschidde Fraktiounen mateneen. Ech wollt dat just soen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci fir déi Wuertmeldung. Dann hat d'Madamm Simone Asselborn-Bintz scho ganz laang d'Wuert gefrot.

**Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP)** | Jo, ech hu mech zrëckgehalen. Merci. Ech wollt just op eng Remark zrëckkomme vum Här Mosar, mengen ech, gëschter iwwert d'Zones d'activités par rapport zu der Économie circulaire.

Ech wollt Iech awer matdeelen, dass am Süden ënner anerem bei Ärem Kolleeg, Parteikolleeg Marc Spautz an der Gemeng „Op Herbett“ och esou eng Zone wäert entstoen. Dat heescht, och do gëtt awer dra geschafft. Dat wollt ech einfach nach eemol soen. An ausserdem huet de Ministère och ..., stelle se de Syndikater Leit zur Verfügung, déi och op der Économie circulaire schaffen. Dat heescht, och an deem Beräich gëtt geschafft.

Ech wollt dat just nach eemol umierken. Gëschter hat ech et vergiess ze soen an haut hunn ech mech erëm drun erënnert. Dofir wollt ech Iech dat soen, dass do awer och dru geschafft gëtt an der Économie circulaire. Voilà.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**Une autre voix** | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Simone Asselborn-Bintz fir déi conciliant Wieder. Dann hat den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, merci, Här President. Ech muss Iech ganz éierlech soen, d'Madamm Hansen huet mer virun e puer Minutte gesot: „Et ass nach laang bis bei d'Walen.“ An ech soen Iech, dass ech perséinlech schockéiert sinn iwwert deen Tounfall, deen elo déi leschte Stonn hei an deem héijen Haus war. Dat hunn ech net kannt an dat ass och net gutt. A mir maachen eis zu 60 bei de Leit dobaussen, éierlech gesot, lächerlech. Ech soen dat esou daitlech.

Ech soen awer gradesou daitlech: Ech kommen aus enger Resistenzlerfamill, grad ewéi vill aner Kolleegen hei aus deem héijen Haus. An duerfir erlaabt mer awer ze soen, dass ech mengen ... trotz allen Ënnerscheeder, déi et gëtt zwëschent der CSV an der ADR. Mir deelen net d'Ausrichtung vun der Politik vun der ADR. Mir deelen och net eenzel Redebeitrëg vun der ADR.

Mir mierken och, dass d'ADR eng aner Politik an deem Haus féiert, wéi et nach ënner engem Gast Gibéryen an anere war. Dat ass awer en demokratesche Choix vu gewielte Volleksvertrieder.

Ech mengen awer gradesou daitlech, dass och si gewielt sinn an dass ee se net einfach hei als riets-extrem Partei betitele kann. Liest emol eng Kéier op Wikipedia oder soss, wat eng rietsextrem Partei ass. Ech mengen och net, dass ee kann insinuéieren, dass gewielt Volleksparteieleeder a Volleksvertrieder hei gläichesetze si mat Reichsbürger. Sorry, dat muss ech ganz éierlech soen, mat allem Respekt, dass een dat net ka maachen.

Grad wéi ech och net toleréieren, dass hei e Minister, dee sech mat enger Partei ausernanersetzt, als „Topert“ ka qualifizéiert ginn.

Dat resuméiert, wëll ech soen, Här President: Ech mengen, et wier gutt, wa jiddwereen hei am Parlament, och wann elo Gemengerotswalen, wa Chamberwale bevirstinn, mol iwwert déi Chrëschtdeeg e bëssen a sech géif goen an dass mer dann am Januar, trotz allen Echeancen, déi virun eis stinn, dat an engem rouegen a sachlechen Toun géife maachen an dass virun allem Argumenter zielen an net déi perséinlech a poleemesch Ausernanersetzung.

Dat ass de Wunsch vun eiser Partei. A mir hoffen, Här President, dass Der dat och duergesat kritt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Roth. Ech menge bal, mat deenen dote Wieder kéint een am Fong geholl déi hei Diskussioun ofschléissen. Den Här Kartheiser hält zwar drop, fir eppes kuerz ze soen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, ech mengen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Awer wierklech ganz kuerz. Dem Här Roth seng Wieder waren esou trefend, datt u sech dat am Fong geholl deen ideale Moment wier, fir dës Diskussioun ofzeschléissen.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Bal, bal ideal, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Duerfir awer wierklech nëmmen ganz kuerz, well dann ass et wierklech ...

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, well ech mengen, et kann net sinn, datt ech elo net d'Geleeënheet krit ze äntweren. Dofir soen ech Iech och Merci. Ech soen och dem Gilles Roth Merci. Dat ass politesch Gréisst gewisen, fir och ... Dat géife mir och maachen. Mee ech soen him extra Merci, fir enger Partei bäizestoen, déi zu Onrecht ugegraff gëtt. Dat muss ee soen, Respekt fir d'CSV an deser Diskussioun.

Ech wëll Iech och soen, Här Roth, Dir maacht och net méi déi selwecht Politik wéi beim Här Werner. Mee dat ass och Ären demokratesche Choix.

*(Hilarité)*

Mee dovunner ofgesinn, wëll ech awer e kuerzt Wuert soen. Här Kersch, mir hu mat de Reichsbürger näischt ze dinn.

**Une voix** | Ech hunn dat och net gesot.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Voilà! Domadder wëll ech just soen: Ech kéint elo och vun anere Länner schwätzen, wat do geschitt an esou weider an esou virun. Dat spillt fir eis hei iwwerhaupt keng Roll. Also ech si kee Reichsbürger an et ass mir komplett egal, ob déi däitsch Justiz, déi däitsch Polizei maachen, wat se ze maachen hunn. Dat geet eis näischt un.

An dann, den Här Mars Di Bartolomeo huet eppes gesot, wat déi jonk Leit hei ugeet. Ech sinn och frou, datt jonk Leit hei sinn. An ech géif och hoffen, datt se e positivt Bild vun der Politik mat heem huelen, vläicht sech selwer engagéieren enges Daags an der Politik, fir hir Iddien no vir ze bréngen.

Dir hutt ganz Recht. Mir sollen e gutt Bild ofgi géintiwwer hinnen a géintiwwer alle Leit hei am Land. Mee da loosst mer och kucken, datt mer eis alleguer, ...

*(Coups de cloche de la présidence)*

... inklusiv d'Membere vun der Regierung, mat Respekt begéinen an eebe just näischt soen, wat net richteg ass. A mir hunn hei am Land keng lénks- oder riets-extrem Partei. Mir solle frou an houfreg sinn, well et ass de Meritt vun eis alleguer, datt mer et fäerdegbréngen, Meenungen opzehuelen hei am Land, Meenungen anzebréngen an d'Politik, déi et verhënnern, datt et iwwerhaupt zu enger Bildung vun esou Extremisten hei am Land ka kommen, e Meritt vun der Lëtzebuerger Demokratie a vum Parlamentarismus. Loosse mer houfreg dorobber sinn an esou virumaachen!

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Ech hunn zwar dat, wat der gesot hutt, „mat Respekt begéinen“, an all deenen Diskussiounen, déi mer virdrun haten, elo net begéint.

*(Interruption par M. Fernand Kartheiser)*

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss iwwert de Projet de loi 8080 an iwwert de Projet de loi 8081.

Mir kënnen awer eréischt iwwert de Staatsbudget 2023 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle ofstëmmen, wa mer fir d'éischt iwwert de Projet de loi 8039, iwwert de Compte général vum Exercice 2021 diskutéiert hunn. Jo, den Här Roth.

**M. Gilles Roth (CSV)** | D'Motioun komme jo nach herno?

**M. Fernand Etgen, Président** | Déi kommen ëmmer nom Vott, Här Roth.

**M. Gilles Roth (CSV)** | Jo, ech hunn awer en Amendement ze deposéieren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Da maacht dat elo, Här Roth, well da kënne mer deen nach kucken an



där Zäit, wou mer iwwert de Compte général vum Exercice 2021 schwätzen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech hunn en Amendement ze deposéieren, wat ech eigentlech net deposéiert hätt, wa mer net gëschter Owend eng awer dach méi poleemesch Diskussioun iwwert de Finanzement vum dem CGDIS, also vum dem Pompjeswiesen zu Lëtzebuerg, gehat hätten.

An ech muss och soen, do si mer als CSV net richtig gelies ginn an och net, fir ze soen, interpretéiert ginn. Firwat?

Mir hu bei eise Riedebeitrag gesot – an dat ass eng politesch Kritik, déi muss awer nach am gewielte Vollekshaus hei kënnen ubruecht ginn –, dass et en Desequiliëbr gëtt vum dem Kofinanzement tëschent Staat an de Gemengen, wat de CGDIS ubelaangt.

Wéi mer dat gesot hunn, ass vum dem Här Kersch gëschter Owend hei gesot ginn, ma hie géif dat net respektvoll fannen, net respektvoll fanne vis-à-vis vum deene Leit, déi beim CGDIS géife schaffen a sech do fir d'Allgemengheet géifen engagéieren.

Dat kënnen mir net esou stoe loosse. Mir hunn net – an ech soen dat nach eng Kéier –, mir hunn net de CGDIS a seng Aktiounen a Fro gestallt. Au contraire, et si vill Leit, déi dervu profitéieren.

Dat, wat mer gesot hunn, dat ass awer gradesou daitlech: Mir sinn der Meinung, dass et net ka sinn, dass mëttlerweil d'Gemenge 75 % vum de Funktiounskäschte vum dem CGDIS bezuelen an de Staat der 25. Fréier – an dat waart Dir als Inneminister – war geduecht, dass et e Kofinanzement sollt sinn, 50:50. Dat war d'Ausgangsbasis.

Elo gëtt awer duerch dëse Budget, duerch dat Gesetz, wat mer elo solle stëmmen oder net stëmmen, eng Präisbrems, déi am Gesetz dra war, erausgeholl. A weinst dem Fait, dass déi Präisbrems erausgeholl gëtt, müssen d'Gemengen natierlech méi bezuelen. An ech hunn Iech gëschter d'Beispill gi vum enger Gemeng mat 10.000 Awunner. Déi huet 2018 160.000 Euro CGDIS-Contributioun gehat. Déi bezilt der d'nächst Joer 550.000. Dat heescht, a fënnef Joer huet de Beitrag vum de Leit aus deene Gemenge sech verdäifacht. Ech hunn elo d'Beispill gesot vum enger Gemeng mat 10.000 Awunner. Bei deenen aneren, déi méi kleng oder déi méi grouss, wäert d'Verhältnis vum Verdäifachen net aneschtens sinn.

Well Der eis do kritiséiert hutt – wat jo Äert gutt Recht ass, mee sot net, mir wieren domat géint de CGDIS a seng Aktiounen –, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | ... deposéiert d'CSV haut en Amendement vum dem Syvicol, vum Komitee vum Syvicol, deen och dat Eraushuele vum der Präisbrems kritiséiert a seet, dass d'Contributioun, déi d'Gemengen zu dem CGDIS bäidroen, 2023 an doriwwer eraus, net méi staark däerf si wéi dat, wat de Staat dem Gemengesektor iwwert de Wee vum der Dotation globale alljoers bäigëtt. Dat ass den Amendement vum dem Syvicol.

An deen Amendement vum Syvicol, wëll ech soen, dass Äre Koparteipresident vum der LSAP, den Här Dan Biancalana, dat hunn ech Iech gëschter gesot, dat mat do gedroen huet. Ech mengen, et sinn och aner Leit am Haus, vum eiser Säit ass et de President vum dem Syvicol, den Emile Eicher, deen dat matgedroen huet.

A mir hätten dat hei net deposéiert, Här Kersch, well de deux choses l'une: Wann Äre Parteipresident de Budget stëmmt, dann desavouéiert e sech eigentlech selwer iwwert dat, wat en am Syvicol gestëmmt huet.

Mee ech muss Iech ganz éierlech soen: Ech hunn dat, éierlech gesot, déplacéiert fonnt fir ze soen: „A, wann Der eng politesch Kritik maacht un engem Beitragsystem“, an ech mengen, dee méi wéi berechtigt ass, dee méi wéi berechtigt ass, „da kënnt Der dat net gläichsetzen, da sidd Der géint d'Zilsetzung, nämlech de Finanzement en général vum dem CGDIS.“

An, Här President, ech erlabe mer am Numm vum menger Fraktioun, Iech duerfir den Amendement ze deposéieren, dee jo da muss, wann ech richtig verstinn, virum dem Budget ofgestëmmt ginn.

#### Amendement 1

*L'article 34 du projet de loi n° 8080 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023 est remplacé par ce qui suit :*

*Art. 34. Modification de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile :*

*« À partir de 2023, la progression positive d'un exercice de l'autre de l'ensemble des dépenses du CGDIS hormis celles prévues à l'article 61 la participation obligatoire des communes prévue à l'article 60, lettre d) ne peut dépasser, sur la même période, la progression positive des recettes perçues au profit du Fonds de dotation globale des communes, des participations directes au produit en impôt commercial communal, ainsi que des mesures de compensation éventuelles, déduction faite des participations éventuelles au Fonds pour l'emploi, telles que définies dans la loi du 14 décembre 2016 portant création d'un Fonds de dotation globale des communes. »*

#### Commentaire de l'amendement

*L'article 34 du projet de loi sous rubrique entend abroger l'article 63 de la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile. L'article en question établit une proportionnalité entre la progression des dépenses du CGDIS et celle des recettes non affectées des communes. Il s'agit d'un mécanisme de limitation de la progression de l'ensemble des dépenses du CGDIS.*

*L'amendement sous rubrique entend changer le système actuellement en vigueur en établissant une proportionnalité entre les contributions des communes et leurs recettes principales. Il est prévu que l'évolution des contributions obligatoires des communes aux services de secours est plafonnée à l'évolution du rythme des principales recettes non affectées des communes. Le « frein » ainsi mis en place ne s'appliquerait dès lors plus à l'ensemble des dépenses du CGDIS mais seulement aux dotations communales. Cette nouvelle disposition préserverait de plus l'assurance pour les communes que leurs contributions au CGDIS n'évoluent pas d'une manière disproportionnée à leurs principales recettes.*

(s.) Gilles Roth, Emile Eicher, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Ganz richtig. An d'Diskussioun iwwert den Amendement maache mer dann och do hannendrun. Här Kersch, herno, ier mer iwwert den Amendement ofstëmmen, géife mer dann och d'Diskussioun doriwwer maachen.

### 3. 8039 – Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2021

Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 8039 iwwert de Compte général vum Exercice 2021. An ech géif dann d'Wuert ginn un d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Diane Adehm.

#### Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

**Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice | Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, elo diskutéiere mer

emol iwwert d'Staatskonte vum Joer 2021. 2021, jo et ass schonn e bësse méi laang hier, mee dat war e Joer, wat nach ëmmer vum der Covidkris gepräägt war, a mir haten d'lescht Joer och am Juli déi grouss Iwwerschwemmung bei eis am Land.

D'Covidkris war bei der Opstellung vum Budget bekannt, mee d'Iwwerschwemmungen, déi sinn nach zousätzlech derbäikomm. An awer huet d'Joer 2021 sech als besser erausgestallt, wéi virgesi war.

De Statec ass vum engem Wuesstum vu 6,9 % ausgaangen, an et waren der um Enn 7 %. Den Emploi hei am Land sollt ëm 1,9 % eropgoen an et ware schlussendlech 3,1 %, déi den Emploi eropgaangen ass. De Chômage war mat 5,7 % méi déif wéi déi 7,1 %, déi virgesi waren. A schlussendlech war d'Inflatioun mat 2,5 % och méi héich, wéi déi 1,5 % (veuillez lire: 1,3 %), déi virausgesot goufe vum Statec.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Wéi gesot, d'Joer 2021 war och markéiert vum den Ausgaben, déi am Kader vum der Covidkris getäteg goufen. Dëst sinn aleng fir d'Joer 2021 774 Milliounen Euro gewiescht.

De Lëtzebuurger Rechnungshaff hat scho fir d'Joer 2020 gefuerdert, dass d'Regierung soll e Suivi an eng Evaluatioun vum de Covidmesurë maachen, an dëst beim Depot vum de Staatskonten. Beim Vott vum de Staatskonte vum 2019 am Joer 2020 war och eng deementsprechend Motioun hei an der Chamber ofgestëmmt ginn. Leider ass d'Regierung dëser Demande vum Rechnungshaff net nokomm. An dowéinst widerhéilt d'Budgetkontrollkommissioun nach eng Kéier hir Fuerderung no engem Suivi financier vum de Covidmesuren am Kader vum Hannerleee vum de Staatskonten.

Komme mir awer elo zu de Staatskonte selwer. D'Joer 2021 huet mat engem positive Resultat vum 994 Milliounen Euro ofgeschloss. D'Einnahme ware mat 21,9 Milliarden Euro am Ganzen 2,3 Milliarde méi héich wéi am Budget virgesinn. Déi gréissten Ënnerscheeder par rapport zum Budget fanne mir bei der TVA, wou 526 Milliounen Euro méi erakomm sinn, wéi virgesinn. Bei de Revenuen um Capital koume 408 Milliounen Euro méi eran a bei der Lounsteier koumen 250 Milliounen Euro (veuillez lire: 254 Milliounen Euro) méi era wéi am Budget virgesinn.

D'Ausgabe vum Joer 2021 ware mat 20,9 Milliarden 1,4 Milliarden Euro méi héich wéi am Budget virgesinn. Déi gréissten Ënnerscheeder par rapport zum Budget gouf et op der Ausgabesäit mat 400 Milliounen bei den Ekipementer vum Staat um Site Belval, mat 110 Milliounen fir d'Gestioun vu Krisen a mat 84 Milliounen bei allem, wat mat ustechende Krankheeten ze dinn huet. Wuelverstan, déi zwee lescht Poste waren der, wéi gesot, am Kader vum der Covidkris an och vum den Iwwerschwemmungen.

De Budget pour ordre sinn déi Gelder, déi de Staat anhëlt fir Drëttpersonen an déi duerno och en tant que tel weidergereecht ginn. Theoreetesch missten um Niveau vum Budget pour ordre d'Einnamen déi selwecht si wéi d'Ausgaben. Obschonn de Finanzministère an der Vergaangenheet ganz vill ënnerholl huet, fir d'Differenz zwëschen den Einnamen an den Ausgaben ze reduzéieren, gëtt et awer nach ëmmer eng Differenz.

Aus dësem Grond hält d'Budgetkontrollkommissioun hir Recommendationatioun oprecht, fir dës Differenz weider ze reduzéieren.

Wat d'Transferts de crédits ugeet, esou sinn dës op der Basis vum Artikel 18 vum Kontabilitéitsgesetz vum 1999 méiglech. Hei geet et drëm, dass déi Kreditter, déi am Kader vum Budgetgesetz gestëmmt goufen,